Session ordinaire 2018-2019

CL/LW

P.V. J 33
P.V. SID 15

# Commission de la Justice

# Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

## Procès-verbal de la réunion du 25 septembre 2019

Ordre du jour :

1. **Présentation de l'avis de la Commission nationale des données au fichier central de la Police grand-ducale au regard de la législation sur la protection des données**

2. **Echange de vues**

*

Présents : Mme Diane Adehm, M. Guy Arendt, M. François Benoy, M. Dan Biancalana, M. Alex Bodry, Mme Stéphanie Empain, M. Franz Fayot, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, Mme Carole Hartmann, M. Charles Margue, M. Laurent Mosar, M. Roy Reding, M. Gilles Roth, membres de la Commission de la Justice

Mme Diane Adehm, M. Carlo Back, M. André Bauler, M. Dan Biancalana, Mme Stéphanie Empain, M. Georges Engel, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, M. Gusty Graas, M. Max Hahn, M. Jean-Marie Halsdorf, M. Henri Kox, membres de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure
Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

M. Eugène Berger remplaçant Mme Lydie Polfer
M. Mars Di Bartolomeo remplaçant M. Marc Angel
M. Aly Kaes remplaçant Mme Nancy Arendt épouse Kemp
M. Marc Spautz remplaçant Mme Octavie Modert

Mme Tine A. Larsen, Présidente du Collège de la CNPD
M. Christophe Buschmann, M. Thierry Lallemang, Collège de la CNPD
Mme Monique Stirn, M. Vincent Fally, Inspection générale de la Police
M. Gil Goebbels, M. Luc Reding, Ministère de la Justice
Mme Martine Schmit, Ministère de la Sécurité intérieure

M. Christophe Li, de l'Administration parlementaire

Excusés : Mme Octavie Modert, Mme Lydie Polfer, membres de la Commission de la Justice
M. Marc Baum, observateur délégué

M. Marc Angel, Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Fernand Kartheiser, M. Georges Mischo, membres de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

M. Marc Baum, observateur délégué

*

Présidence : M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice

*

**1. Présentation de l'avis de la Commission nationale des données au fichier central de la Police grand-ducale au regard de la législation sur la protection des données**

Pour les points 1. et 2. de l'ordre du jour, les membres des commissions parlementaires jugent opportun à ce qu'un verbatim soit dressé. Le lecteur est renvoyé au verbatim ci-joint, qui fait partie intégrante du présent procès-verbal.

**2. Echange de vues**

Le lecteur est renvoyé au verbatim ci-joint, qui fait partie intégrante du présent procès-verbal.

Le Secrétaire-administrateur,
Christophe Li

Le Président de la Commission de la Justice,
Charles Margue

La Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense,
Stéphanie Empain

**Verbatim de la réunion jointe entre la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense et la Commission de la Justice**

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* ... dëser lëschteger Ronn. Ech denken, et gëtt e bësse schwéier, nach Plazen ze fannen. Voilà.

Ech wollt Iech da begréissen zu dëser Commission jointe, déi jo aberuff ginn ass op Basis vun där Demande, déi och de Minister François Bausch adresséiert huet un d'CNPD, fir deen Avis ze maachen. Een Avis, deen och schwéier néideg war an deen, esou wéi ech dat gesinn hunn, op eng ganz Partie Froen, wann net bal alleguerten d'Froen, déi souwuel an de Question-parlementairë wéi och soss an der Press vun de Leit am Allgemengen …, agaangen ass oder versicht huet anzegoen.

Ech mengen, dat war eng relativ Sisyphusaarbecht, well natierlech net just gekuckt ginn ass, wéi mer dat hei zu Lëtzebuerg bis elo gereegelt hunn, wou nach oppe Froe sinn, mä och, wéi déi verschidde Froen am Ausland gekläert sinn. Duerfir wollt ech Iech och Merci soe fir déi Aarbecht, déi bis heihinner geleescht ginn ass.

Natierlech sidd Der haut hei, fir dann och Ried an Äntwert ze stoen, well nach mat Sécherheet awer Detailfroe sinn, déi do oppe sinn.

Wat ech géif proposéiere fir dës Sëtzung, fir e bësse gereegelt derduerch ze kommen, dat wär, dass mer si hir Presentatioun an engem Rëtsch kënnen duerchmaache loossen an dass mer d'Froen dann herno zum Schluss alleguerten zesumme kënne stellen.

Ech wollt awer, fir unzefänken, nach dem Här Minister Bausch d'Wuert ginn an der Ministesch Sam Tanson. An ech gesinn awer och, dass den Här Gloden nach eng Wuertmeldung hat. Fir direkt, oder?

**M. Léon Gloden** *(CSV).-* Et geet ëm de Vif du sujet. Merci, Madamm Presidentin.

Ech wollt just d'Kommissioun informéieren, datt meng Fraktioun haut de Moien eng

Demande de convocation un de President geschéckt huet fir un de Minister Bausch, fir opgrond vun deem Reportage gëschter op RTL, datt d'Gare e Lieu de non-droit ginn ass, wéi e gedenkt, do ganz schnell Remède ze schafen. Datt den Här Bausch an d'Kommissioun kënnt, fir doriwwer mat eis ze schwätzen an eis doriwwer ze informéieren.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Merci fir d'Informatioun. Mir huelen dat op. Mir kënnen dat och esou séier wéi méiglech maachen. Ech wollt just soen, wat den Timing ubelaangt, si mer e bësselchen domm dru mat eiser Plage horaire, well elo mat de Vakanzen, ech mengen, Dir hutt d'Journée parlementaire elo eng Kéier op engem Donneschdeg, da sinn zweemol Plenièren, da kënnt d'Vakanz. Dat heescht, mer musse kucken. Mir sinn am Moment amgaang ze kucken, eppes hors plage ze fannen, mä et ass wierklech net ganz einfach. Mä et ass um Radar dann. Merci.

Den Här Bausch.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo. Merci. Ech wollt vläicht zu där Demande kuerz eppes soen. Ech hunn déi Reportage net gekuckt. Mä ech si mer awer bewosst, datt et op der Gare e gréissere Problem gëtt. An ech loosse mech och net orientéieren a mengem Handele vu Reportagen op der Televisioun oder soss iergendwou an der Press, mä vun deem, wat um Terrain ass. An duerfir war ech och scho laang virun deem Reportage, näämlech am Juli, mer dat alles ukucken, e ganze Mëtteg mat de Kommissariater, mat der Police sur place. An net méi spéit wéi gëschter … - Pardon! -, virgëschter Mëtteg war ech mam Immigratiouns …, well ech hat déi alleguer invitéiert, mam Immigratiounsminister, mat der Justizministesch, mat der Madamm Buergermeeschter nach eng Kéier op den Terrain, sur les lieux kucken. An den Owend ass eng Biergerversammlung, wou mer eis der Diskussioun wäerte stellen. An, ech mengen, ech hunn awer natierlech selbstverständlech kee Problem, fir och bei d'Chamber ze kommen an d'Chamber ze informéieren, wat d'Demarchë sinn, wat mer do wëlle maachen.

Et ass jo net nëmmen eng Fro vum Police-Minister. Hei si mindestens dräi Ministeren an eng Gemeng betraff, déi mussen zesummen agéieren. Duerfir géif ech dat wëllen

och direkt awer hei soen. Ech hunn awer kee Problem. Ganz gär kommen ech och heihin an d'Kommissioun, fir dat virzestellen.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Villmools Merci. Ier mer ufänken, wollt ech just … Ech si grad drop higewise ginn, ech sollt vläicht nach eng Kéier kloerstellen; mir hunn e Verbatim ugefrot fir dës Kommissioun. Dat heescht, et leeft och en Enregistrement. Da sidd Der alleguerten um Courant. Merci.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Voilà, Madamm Presidentin, da vläicht zu dem Rapport vun haut.

Ech wollt ufänken dat nach eng Kéier ze ënnersträichen, wat ech och schonn an engem Communiqué gemaach hunn, wou ech der CNPD wëll e grousse Merci soen, datt se rapid dee Rapport, deen ech gefrot hunn, also deen Avis, datt se mer dee gemaach hunn, eis dee gemaach hunn. Well ech mengen, en ass zimlech detailléiert. E werft …, en ëmräisst all déi wichteg Froen, déi ech mer och gestallt hu selbstverständlech an deene leschte Méint, et sinn der souguer …, mä, ech mengen, duerfir ass jo d'CNPD do, fir sech méi am Detail d'Saachen unzekucken. Et si souguer nach eng Rei Saachen derbäikomm, wou ech nach net bis elo selwer mat menge Leit drop komm war.

Et ass eng gutt Aarbecht do geleescht ginn an déi wäert och elo nach completéiert ginn duerch deen aneren Avis, deen ech jo gefrot hu bei der IGP. Duerfir ass d'Madamm Stirn och hei als Observateur. Well si natierlech interesséiert ass un den Explikatiounen hei vun der CNPD, fir ze kucken, wat si bis elo erausfonnt hunn, datt een dat ka parallell mat verschaffen.

Et ass esou, datt mir natierlech … Ech hunn déi Rapporte jo bestallt am Mee. Dat heescht relativ am Ufank, wéi déi ganz Diskussiounen ugaange sinn. Ech si frou, datt mer se esou séier kréien. Dat ass dat Eent. Dat Zweet ass: Ech hunn awer elo net decidéiert am Ministère, mat menge Leit, ze soen: „Elo sëtze mer ons an dem Ministère gemittlech op de Stull a mir waarden, bis déi Rapporten do fäerdeg sinn."

Mir hunn natierlech och selwer Analyse gemaach an dru geschafft. An, wéi gesot, et sinn …, eng Rei Saache sinn, vun Analysen, deckungsgläich zu deem, wat och ech mer als Bild gemaach hunn am Ministère. An duerfir wëll ech Iech och nach eng Kéier soen, datt mer wäerte bis den Dezember déi grouss Linne stoen hu fir e Gesetz, am Ministère. Dat heescht, wou mer da kucken op all deene Punkten, déi mer elo wäerten explizéiert kréien, deem och kënne Rechnung droen.

Ech mengen, mir brauchen awer déi zwee, dräi Méint. Ech mengen, fir dat doten uerdentlech ze maachen. Well, ech mengen, et ass jo elo wichteg, datt mer hei eppes maachen, wat zolidd ass an uerdentlech ass. A selbstverständlech wëlle mer, en cours de route, esou vill wéi méiglech, wéi d'Chamber Demandeur ass, mä ech wäert och selwer déi eng oder déi aner Demande maachen, wann eenzel Froen opkommen, fir zréckzekomme bei d'Chamberskommissioun, fir dat mat der Chamber zesummen ze diskutéieren.

Dann hunn ech mech och zesummegesat mat der Justizministesch a mat menge Leit - oder mat senge Leit - a mir hunn decidéiert, datt mer och wäerten e Comité interministériel grënnen tëschent der Justice an dem Ministère de la Sécurité intérieure, well natierlech an deem Avis vun der CNPD, alles wat een do kann erëmfanne wat d‘Datebanke betrëfft, dat betrëfft jo elo net nëmmen d‘Police, mä ganz sécher och d‘Justice. An ech wéilt drop hiweisen: Dat betrëfft dee ganze Stat a sämtlech Gemengen a sämtlech Entitéiten. Well alles dat, wat hei steet, kéint een och op aner Administratiounen eriwwer eent zu eent interpretéieren.

A mir hunn en Interêt, mengen ech, elo all zesummen, als Stat, als eenzel Responsabele fir de Stat, ob et elo de Legislateur ass oder den Executif ass, fir elo ze kucken, datt mer déi nei Datekultur, déi jo am Fong duerch d‘Gesetz vun 2018 sollt ageleet ginn, datt mer déi och elo mat Liewe wierklech fëllen. Dat heescht, datt mer eng ganz Aufgab maachen. Well ech hu keng Loscht - zumindest ass dat mäi Wonsch - , datt mir elo hei eng Aarbecht maachen a versichen, an zwee Beräicher d‘Saachen an d‘Rei ze bréngen, an da fänke mer a sechs Méint vläicht erëm un op enger anerer Plaz, wou vläicht dann äänlech Problemer sech stellen.

Duerfir, mengen ech, ass deen Exercice - dat ass op alle Fall meng Iwwerzeegung -,

dee mer musse maachen, e vill méi breeden, wéi datt mer eis just focaliséieren op dat hei.

Voilà. Dat ass vu mir als Virremark. Ech mengen, d'Madamm Justizministesch wëllt och nach e puer Wuert soen.

**Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Justice.-* Jo. Schéine gudde Moien. Dir kënnt Iech virstellen, dass dat hei ee vun deenen Dossieren ass, wou ech als Éischt probéiert hunn, mer e Bild vun der Situatioun ze maachen. Mir haten effektiv schonn eng Reunioun mat der Police, mat de concernéierte Leit och vun dem Parquet, an ech hunn och mech mam Parquet beroden. De Parquet huet mech informéiert, dass si och iwwert de Summer schonn e ganzen Exercice gemaach hunn, wou se gekuckt hunn, op wéi engen Texter et nach Problemer gëtt.

An ech wëll Iech awer drop hiweisen, dass dat net esou evident ass. Si hunn eng Rëtsch ... A si hunn natierlech elo ..., maache si ... Also, alles wat si weiderginn, wa se net der Meenung sinn, dass hir Base légale 300 % stéchfest ass, da gi se déi Saachen net méi weider. Mä déi Problemer stelle sech an enger ganzer Rëtsch Prozeduren. De Gardiennage zum Beispill, wou jo gekuckt gëtt, ob d'Agents de sécurité déi néideg Konditiounen erfëllen, fir de Beruff ze erfëllen. Wann et do zum Beispill nach keen definitivt Uerteel gëtt - dat heescht, wa beim Uerteel nach kann en Appell gemaach ginn -, da gëtt dat net gekuckt an da muss eigentlech ..., d'Konditioun ass dann eigentlech erfëllt, fir dass déi Leit kënnen Agent de sécurité ginn, och wann - wéi zum Beispill Fäll, déi mer elo haten - et do awer eng Rëtsch Affäre ginn, déi unhängeg sinn.

D'selwecht bei der Autorisation de commerce. Do gëtt et ..., d'Affekoten ënner Iech, déi wëssen dat, déi mussen e Rapport du curateur ausfëllen. Deen ass bis elo ëmmer weidergi ginn un d'Classes moyennes, fir kënne festzestellen, ob zum Beispill Faillitte bewosst provozéiert gi sinn. Déi Rapporte ginn och elo net méi weider.

En anert Beispill: Bei der Educatioun, wa géint Personal, wou mat Kanner schafft, wann do Prozeduren amgaange sinn, da sinn ëmmer, op eng informell Aart a Weis, Mise-en-gardë komm bei de Ministère de l'Éducation nationale. Och dat gëtt am Moment net méi gemaach. Ebe well de Parquet der Meenung ass, dass déi néideg

Base légale ..., dass et net sécher ass, ob déi néideg Base légale do ass.

Idem zum Beispill bei de Contrôlë vun den ASBLen, Glécksspiller. Och do gëtt elo just nach no dem definitive Casier da verfuer.

Ech sinn der Meenung, mir brauche Rechtssécherheet, souwuel bei de Rekrutementer wéi och bei deenen heite Prozeduren. Ech si ganz frou, d'CNPD huet sech och chargéiert op Basis vun engem Recours vun där Persoun, déi jo gefrot hat, fir bei der Magistratur rekrutéiert ze ginn, fir ze kucken, wéi et sech do mat der Base légale befënnt. Ech sinn awer der Meenung, mä mir schaffen och elo parallell schonn drun, fir déi Base-légallen ze adaptéieren, dass de Parquet/d'Magistratur kann an aller Rechtssécherheet hir Rekrutementer virhuelen.

Dann, Dir wësst och, dass et zwou Autorités de contrôle gëtt fir den Appareil judiciaire. Dat Eent ass d'CNPD, an da gëtt et d'Autorité de contrôle judiciaire. Déi huet sech gëschter Owend och saiséiert, fir, op d'Virbild hi vun deem, wat d'CNPD hei bei der Police gemaach huet, déiselwecht Analys bei sech ze maachen, an och do nach eng Kéier ganz genau bei all Datesammlung ze kucken, wéi et mat de Base-légallen ass a wat ee muss eventuell nobesseren.

Soudass mir och am enke Kontakt mat der Police stinn, well et sinn eng Rei grondsätzlech Froen, déi sech stellen: Wat muss an d'Gesetz kommen? Wat kënnt an e Règlement grand-ducal? Wéini geet et duer, wann herno Ausféierungsbestëmmungen intern geholl ginn, dass mer do insgesamt eis Regele musse ginn?

Mir maachen elo schonn eng intern Opschaffung a preparéieren och éischt Texter, an dat eben an enker Zesummenaarbecht mat der Police.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Villmools Merci fir dës Klarifikatiounen. Ech mengen, dass dat awer och zu engem gudden Deel zur Sécherheet oder Berouegung ka bäidroen. Ech si frou ze héieren, dass déi Exercicer alleguerte parallell lafen, dass mer äänlech Exercicer dann och um Niveau vun der Magistratur maachen.

Aus Erfahrung weess ech, dass deen Dossier hei ëmmer relativ vill Froen opwerft. Ech wollt drop hiweisen, dass mer normalerweis bis zwielef Auer hunn. Ech huelen un, dass eng Partie Leit vun Iech herno och nach aner Rendez-vousen hunn. Dofir géif ech dann direkt d'Wuert iwwerginn un d'CNPD, fir hire Rapport ze maachen, dass mer herno awer nach genuch Zäit hunn, fir kënnen eis Froen ze stellen. Voilà!

**Mme Tine A. Larsen,** *Présidente du Collège de la CNPD.-* Merci fir d'Wuert. Ech géif Iech gär am Numm vum Collège vun der CNPD villmools Merci soen, fir d'Geleeënheet ze kréien, eisen Avis iwwert de Fichier central vun der Police hei haut virun Iech kënnen ze presentéieren.

An de leschte Méint si sech ganz vill Froen zum Fichier central vun der Police gestallt ginn. An eisen Avis dozou ass sécherlech net exhaustiv. Mir hu musse Choixe maachen, fir eis Aarbecht an engem räsonabelen Delai kënnen ofzeschléissen an eis Erkenntnisser duerzeleeën.

Zwou Saachen, déi mer net an eisem Avis behandelt hunn, sinn:

- éischtens, déi Tatsaach, datt d'Police och an de leschte Méint scho Verbesserunge vun hirem Fichier gemaach huet. Mir hu just eng Bestandsopnam zu engem gewëssenen Zäitpunkt gemaach. Mir sinn net op virdrun/duerno agaang.

- Déi zweet Saach, déi mer och net an eisem Avis behandelt hunn, sinn Iwwergangsdelaie fir d'Mise en conformité, déi et eventuell ginn hätt.

Et gëtt eng Disposition transitoire, en Transpositiounsgesetz, den Artikel 63, deen eng Iwwergangszäit bis de 6. Mee 2023 respektiv de 6. Mee 2026 fir d'Mise en conformité vu Système donné de traitement de données à caractère personnel automatisé, déi virum 6. Mee 2016 en place waren, virgesäit, wann et disproportionéiert Efforten erfuerdert, fir et bis zum Datum vun der Entrée en vigueur vum Gesetz ze maachen.

Firwat grad de 6. Mee? Dat ass den Datum, deen d'Direktiv fir seng Ëmsetzung an déi national Legislatioun virgesäit. Dat hätt sollen zwee Joer no der formeller Adoptioun vun der Direktiv geschéien, also de 6. Mee 2018.

Allerdéngs sinn dës Iwwergangsregelen immens limitéiert a si bezéie sech exklusiv op de Fall vun der Journalisatioun, wéi et am Artikel 24 vum Transpositiounsgesetz virgesinn ass, an net op e System Fichier oder Traitement en tant que tel. Dat heescht, datt en gros am Gesetz keng Iwwergangsphas virgesinn ass. Vun deem Moment un, wou d'Transpositiounsgesetz a Kraaft war, hätten och d'Traitementer misse konform sinn.

Elo kann een hei bemierken, datt d'Direktiv, am Géigesaz zum RGPD, net d'application directe ass an d'Organismen, déi sech musse konforméieren, op dat Transpositiounsgesetz gewaart hunn, fir ze wëssen, wéi si sech iwwerhaapt sollte verhalen. Et gouf tatsächlech nach ganz laang Diskussiounen, ob de Contrôle a priori oder de Contrôle a posteriori fir d'Police-, Justice-, Sécurité-nationale-Traitementer géif zréckbehale ginn.

Wier den ale System vum Contrôle a priori bäibehale ginn, hätte mir e Système d'autorisation préalable gehat. An d'Responsabilitéit, fir d'Fichieren am Virfeld ze préiwen, hätt, jee no Choix, beim Legislateur oder bei der Autorité de contrôle geleeën an dat hätt den Delai de mise en conformité verzögert.

Et ass awer elo par analogie zum RGPD de Principe d'accountability gewielt ginn, mat der Verantwortung vun den Operateuren. Mam Transpositiounsgesetz krute si deemno zimlech abrupt eng grouss Verantwortung a vill Obligatiounen, deene si, wéi mir wäerten erklären, net schlagaarteg konnte gerecht ginn.

Et ass an där Situatioun, wou den Här Minister Bausch eis gefrot huet, fir en Avis ofzeginn. Dës Demande d'avis, déi war ganz kuerz. Dofir hu mir eis eis eege Methodologie ginn. Mir hunn d'Envergure vum Avis strikt op de Fichier central limitéiert a versicht, dësen Avis par rapport zur aktueller Dateschutzlegislatioun juristesch ze appreciéieren.

Fir d'Éischt hu mir allerdéngs wëllen e faktuellt Verständnis fir de Fichier kréien. Dat hu mir an Aarbechtssëtzunge mat der Police zesummen erschafft. Den Här Buschmann wäert Iech exposéieren, wat mir do konnte feststellen.

An engem zweete Schrëtt hu mir d'Fakte mat der bestoender Gesetzgebung konfrontéiert. Den Här Lallemang géif Iech eis Erkenntnisser zu dësem Volet exposéieren.

Den drëtte Volet vun eisem Avis war eng theoretesch Analys vun der Qualitéit vun der bestoender Gesetzgebung par rapport zu iwwergeuerdneten Normen an internationaler Jurisprudenz.

Zu gudder Lescht hu mir eis Homologen am europäeschen Ausland kontaktéiert, fir ze héieren, wéi dës Matière an aneren europäesche Länner gehandhabt gëtt. Den Här Lallemang géif Iech och dësen drëtte Volet exposéieren, ier den Här Buschmann Iech d'Konklusiounen erläutert, déi mir aus eiser Analys zéien.

Ech géif elo d'Wuert u meng Kolleege Kommissäre ginn.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Okay. Merci. Also, e puer Wuert zur Introduktioun vum Fichier central, well ech weess, dass elo scho ganz vill iwwert de Fichier geschwat ginn ass. Dowéinst limitéieren ech mech elo wierklech op déi Saachen, wou ech denken, déi vläicht och net esou am Public bekannt waren.

Dat Éischt, wat mer wichteg schéngt ze erläuteren, dat ass, dass mer u sech beim Fichier central vun, ech soen emol, zwee Voleten, zwou Komponente schwätzen.

Dat Eent dat ass de Volet, deen haaptsächlech benotzt gëtt, fir Recherchen ze maachen. Dat ass do, wou d'Nimm, d'Gebuertsdeeg, d'Matricullen, d'Signaletiquë vun de Persounen drastinn.

An dann hu mer deen zweeten Deel, wat u sech d'Dokumenter en tant que tel elo beinhalt.

Elo ass et esou, dass deen éischten Deel éischter benotzt gëtt, fir ze kucken, ob en Dossier do ass an zu wiem deen Dossier gehéiert, an deen zweeten Deel vum Fichier central dann d'Dokumenter en tant que tel sinn, wou een da kann eng Consultatioun vun deem Dossier maachen.

Dat bedeit natierlech och, wann een elo d'Aktivitéiten an deem oder op deem Fichier kuckt, dass een natierlech vill méi Recherchen huet wéi Consultatiounen. Well bevir een een Dossier ka consultéieren, muss ee jo emol sichen, wiem säin Dossier ee wëllt consultéieren.

Dat just zur Introduktioun.

Dunn hate mer eis geduecht: Wat wierklech interessant wier an där ganzer Diskussioun iwwert de Fichier central, dat ass, en eng Kéier, ech soen, vun der Volumetrie ze kucken. Dat heescht, mir haten do Aarbechtssëtzungen och mat der Police, direkt mat hiren Administrateure vun den Datebanken, wou mer eis déi Donnéeën dann en direct konnten ukucken. An dat Bild, wat ech elo hei an e puer Zuele wéilt opzeechnen, ass dann derbäi erauskomm. Dat ass elo ganz, ganz faktesch.

Mir hu gekuckt: Wivill Dossiere sinn an deem System dran? Dat sinn der 511.499 zu deem Zäitpunkt, wou mer dat gekuckt hunn. Déi Dossieren hu mer da probéiert, eng Kéier ze ënnerdeelen an Dossieren, wou all d'Dokumenter archivéiert sinn, spréch, dat heescht all d'Dokumenter méi al wéi zéng Joer sinn. An déi aner? Bon, ech mengen, d'Zuele stinn och am Avis. Et kann ee grosso modo soen 200.000 Aktiver an nach e gutt Stéck méi dann eben Archivéierter.

Bon, déi zweet Fro, déi mer eis du gestallt hunn, fir dat e bësse méi gräifbar ze maachen, dat ass: Wéi sinn déi Dossieren opgebaut? Sinn do Dausende vun Dokumenter dran? Si se all d'selwecht? Oder wéi een Ëmfang hëlt dat?

Bon, et ass zimlech kloer erauskomm, bei där ganz grousser Majoritéit vun Dossieren, do schwätze mer vu manner wéi fënnef Dokumenter. Bon, an dann, et gëtt och méi

grouss Dossieren, mä, ech soen emol, den Dossier standard, wann een dat esou kann nennen, ass u sech en Dossier mat manner wéi fënnef Dokumenter.

Dann zur Benotzung, wéi elo haut d'Situatioun ass. Dat hu mer dann och iwwert den Zäitraum 2010/2019 gekuckt, fir e Gefill ze kréien, wéi dat evoluéiert huet.

Stand haut: Et kann ee soen, dass ronn 15.000 nei Dossieren d'Joer ugeluecht ginn am System. Dat huet och iwwert déi ganz lescht Period 2010/2019 elo net wierklech wesentlech geännert.

Bon, mir haten och e bësse mat der Police gekuckt, wéi déi Dossiere kreéiert ginn an alimentéiert ginn. Dat schéngt eis och ganz kohärent, well déi Dossiere ginn automatesch kreéiert. All Kéier wa PVen erakommen, ginn déi Dossieren ugeluecht, fir déi dann eben ofzeleeën. An dass dat u sech onofhängeg ass vun de Consultatiounen, mä einfach de facto kreéiert gëtt, ass eigentlech dann och kohärent, dass mer do stabill sinn.

Wat elo ganz interessant ass, dat ass natierlech ze soen: Wéi ginn dann elo déi Dossieren, déi ugeluecht ginn, an déi Dokumenter, déi jo do dra sinn, consultéiert, respektiv Recherchë gemaach, fir eventuell do nach eng Consultatioun ze maachen? Do schwätze mer an enger Moyenne vun, ech soen elo emol, opgeronnt 180.000 Recherchen d'Joer, déi mer iwwert déi Period do festgestallt hunn.

Par contre muss een do soen, dass d'Benotzung elo éischter d'Tendenz huet erofzegoen. Also, mir haten do e Pic, wou et wesentlech méi benotzt war. Par rapport zu deem Pic si mer elo erëm ronn d'Halschent erofgaangen.

Dat heescht, op där enger Säit hu mer natierlech Dossieren, déi mat enger gewëssener Konstanz alimentéiert ginn no den normale Prozeduren, awer d'Benotzung geet effektiv erof.

Bon, equivalent ass et natierlech och bei der Consultatioun. Ech hat gesot, bevir een en Dossier ka consultéieren, muss een emol déi Persoun sichen, där hiren Dossier ee

wëllt consultéieren. Dat erkläert dann och dee groussen Decalage tëscht de Recherchen an de Consultatiounen; also e Ratio, ech soen elo emol 1:5. Dat heescht, et ass net, dass all Kéiers, wann eng Recherche gemaach gëtt, och den Dossier consultéiert gëtt.

A bei de Consultatiounen hu mer déiselwecht, soen ech emol, Tendenz festgestallt wéi bei de Recherchen. Soudass mer u sech schonn e Réckgang vun zwee Drëttel vun deene Consultatiounen iwwert déi Period hunn.

Voilà! Dat heescht dat zur Volumetrie.

Da just e puer Wuert zu den Accèsen, mä ech kommen duerno nach eng Kéier drop zréck. Mä et war jo relativ vill doriwwer diskutéiert ginn.

Also d'Fakte sinn esou: Den 30. Juli hate mer eis am System ugekuckt, wivill Persounen Accès zu deem System hunn. Dat sinn der 1.840.

An dann, och do, wann een elo eng Kéier e bësse wëllt differenzéieren tëscht deene Leit, déi en Accès hunn, an deene Leit, déi déi Accèsen och elo wierklech benotzen, a wivill si se benotzen, esou hu mer elo emol eng Kéier ënnerdeelt tëscht de Leit, déi et rekurrent benotzen, dat heescht méi wéi 100-mol Recherchë gemaach ginn am Fichier iwwert déi lescht sechs Méint. Do si mer da scho bei enger Zuel, déi wesentlech méi kleng ass. Da si mer bei 69 Polizisten, wou een elo ka soen: Déi maachen do wierklech eng rekurrent Benotzung.

Dat anert ass, dass mer gekuckt hunn: Wien huet dann elo manner wéi 100 Recherchë gemaach? Recherchen; Consultatioune sinn et der nach manner. Mä manner wéi 100 Recherchen. Dat sinn dann 1.076 Polizisten. An da kann een dovunner ofleeden, dass et u sech eng 695 Poliziste sinn, déi iwwert déi lescht sechs Méint weder eng Recherche nach eng Consultatioun gemaach hunn. Voilà!

Dat wollt ech elo just eng Kéier soen, well dat an där ganzer Diskussioun, dat ass natierlech och net dobaussen esou bekannt, mä et war eis awer wichteg, dass mer

eng Kéier wësse vu wéi enge Gréisstenuerdnungen a wéi enge Benotzunge mer schwätzen, bevir mer elo op dee méi juristesche Volet wäerten agoen.

Bon, ech ginn dann d'Wuert weider un den Här Lallemang, dee mat der Partie I. Encadrement juridique wäert weiderfueren.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.-* Jo. Gudde Moien alleguerten. Ech géif da weiderfuere mam Encadrement juridique. Dat heescht, mir hunn emol gekuckt: Wéi ass déi aktuell Situatioun vun der Legislatioun par rapport zum Fichier? Nach eng Kéier pour rappel: D'Direktiv, déi adoptéiert ginn ass, iwwerhëlt also an enger larger Mesure, d'Prinzipie vum RGPD. Mä natierlech muss do dann elo Rechnung gedroe gi vun dem Domaine spécifique awer vun der Police oder soss aneren Autorités répressives. Dat heescht, do muss eng gewësse Flexibilitéit dra sinn. Duerfir, soss hätt ee jo och kënnen eng RGPD un déi Autorités compétentes applizéieren.

Et muss een och soen, dass et eng Direktiv ass, déi eng Harmonisation minimale virgesäit. Dat heescht, de Minimum muss ëmgesat ginn. Wat awer net verhënnert, an d'Direktiv gesäit dat och vir, dass d'Memberstate kënne méi extensiv an de manière plus étendue kënne Garantië virgesinn a präziséieren.

Mir hunn da gekuckt an dräi Voleten.

Dat heescht, fir d'Éischt hu mer gekuckt par rapport zu de Prinzipien a verschiddene spezifeschen Dispositiounen an der Gesetzgebung; dat heescht Direktiv a Loi de transposition.

Do hu mer dann ugefaange fir d'Éischt mat den Delaien. Wat seet d'Gesetzgebung iwwert d'Délais de conservation? An eisem éischten Avis vun 2017 hate mir deemools scho gesot, dass mer mengen, deen Artikel 5 an der Direktiv wier net korrekt ëmgesat ginn, well dat déi eenzeg Kéier ass, wou d'Direktiv dovunner schwätzt, dass d'État-membrë sollen appropriéiert Delaie fixéieren; dat heescht de Stat selwer.

Elo ass et esou, dass de Legislateur de Choix getraff huet, fir dem Responsable de traitement déi Aufgab ze iwwerginn, well den Text an der Direktiv seet och net: « Le

responsable de traitement fixe les délais. » Dat heescht, do ass dat eng, bon ... D‘ailleurs ass dat och d‘Meenung vun der Europäescher Kommissioun. Dat do gesot, kuckt een dann: Wat sinn d‘Delaien, déi d‘Police sech elo ginn huet? En huet ëmmer nach déi applizéiert vum Reglement vun 1992, dat heescht zwee Joer, sechs Joer an zéng Joer.

No der Police-Reform 2018 hu se dunn de Choix getraff, fir alles zéng Joer ze halen. Firwat zéng Joer? Ben, de Grond do war eben, fir ze soen: „Et ass immens schwéier fir d‘Police erauszefannen am Ufank, wa si hir Procès-verballe schreiwen: ‘Muss dat doten als Delikt qualifizéiert ginn oder als Crime’?” Well herno kënnen d‘Autorités judiciaires dat och erëm requalifizéieren. Dat heescht, dunn hu se gesot: „Bon, dann huele mer den Délai maximum: zéng Joer.“

Do komme mer zu enger éischter Konklusioun, andeem mer soen: „Déi Delaien, déi elo solle festgeluecht ginn, déi mussen natierlech gekuckt ginn en fonction vun der Issue vun enger Affaire judiciaire.“ Dat heescht, wann do kee Retour kënnt vun den Autorités judiciaires, da kann d‘Police och net hirer Obligatioun nokommen, fir dat no engem gewëssenen Delai ze läschen, déi Issue d‘une affaire. Dat si Saachen, wou entweder muss gekuckt ginn: Ass et e Classement sans suite, en Non-lieu, en Acquittement, eng Condamnatioun, eng Rehabilitatioun an - wat och méi selten ass - vläicht eng Revisioun?

Dann, mir sinn och zur Konklusioun komm, dass prozedural Regelen net bestinn, fir eben ze kucken, ob déi Delaien, déi si sech dann do ginn hunn, och agehale ginn. Natierlech ass dat och erëm verbonnen domadder: Wa si kee Retour vun den Autorités judiciaires kréien, kënne se och do schlecht dann hirer Obligatioun nokommen.

An dann, déi drëtt Konklusioun zu den Delaien ass, dass mer fannen, dass d’Durée d‘archivage, deen am Moment ... Ben, si applizéieren deen nach, mä u sech gëtt en net applizéiert, well de Fichier ass jo nach net esou al, dass mer schonn op 60 Joer komm wieren. Mä si hunn awer gesot, dass se dee wéilte bäibehale pour l‘instant. An dass mer fannen, dass 60 Joer einfach ze laang ass par rapport zu enger Finalitéit, déi d‘Police huet.

De Casier judiciaire, dee bleift jo ëmmer nach bestoen. Mä wann ee kuckt: 60 Joer. Wann een dovunner ausgeet, dass eng Persoun net virun hirem zéngte Liewensjoer stroffälleg gëtt, dann, wann eng Persoun da 70 Joer hätt, da kéint déi dann nach am Police-Fichier sinn, wou ee sech da Froe stellt: Firwat ass dat nach esou?

Dann hu mer gekuckt, eng ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Madamm Presidentin, just vläicht eng technesch Fro, net elo un d'CNPD, mä ech wollt d'Chamber froen, dass mer ... Ech hu mech gefrot, ob een net soll awer d'Froeronnen opmaache pro Block, ob dat net besser ass. Well soss komme mer herno op Tonnen ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Mir hunn zwar och e puer allgemeng Froen.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Neen, kee Problem. Déi kënne mer och ... Mä ech fäerte just, wa mer elo déi Bléck all duerchginn, dann diskutéiere mer herno. Da geet dat jo vu Pontius op Pilatus. Dat ass e bëssen en ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* En plus ass jo de Rapport censé connu. Ech mengen, mir hunn deen am Detail gelies. Et ass ganz schéin, dass Der et nach eng Kéier widderhuelt, mä ech mengen, mir zumindest hunn en am Detail gekuckt.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Neen, ech menge just awer ... Ech gleewen Iech dat, datt Der et am Detail gekuckt hutt. Ech mengen, mä et ass jo awer esou, datt et awer och wichteg ass, dass d'CNPD eng Kéier mëndlech kann hir Erklärungen ofginn. An och wéinst ... Ech mengen, dee Verbatim hei gëtt jo och public herno, datt jiddweree kann novollzéien, wéi wien zu wat fir eng Konklusioune komm ass.

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Ech hunn esou direkt elo a priori kee Problem domadder. Et war just, ech hat dat och an enger Optik gesot, mir hunn hei e grousse Krees. Et ass net esou einfach, déi Leit alleguerten zesummenzekréien, a besonnesch wa mer mussten hors plage goen. An ech wär frou, wa mer kéinten haut de Gros duerchkréien.

An ech kennen d'Dynamik vun der Kommissioun vun anere Geleeënheeten, wou mer eis schwéiergedoen hunn. Dofir war dat meng Propositioun einfach fir de Gros. Mä wa mer dat pro Block maachen, mengen ech, da kréie mer dat awer nach relativ gutt cernéiert.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Bon, Madamm President, wann Der erlaabt, also eigentlech ass et mir egal. Ech wär just frou, et geet jo, wa mer gären hätten, datt mer strukturéiert diskutéieren ... Mir kënnen natierlech och haut decidéieren, datt si dat Ganzt duerchhuelen an dann e puer méi allgemeng Froe gestallt ginn. An da maache mer eng aner Sëtzung, wou mer dat am Detail duerchhuelen.

***(Interruption par M. Laurent Mosar)***

Okay. Da kommt, mir maachen et esou.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.-* Jo, dann en zweete Punkt ...

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Just ee Momentchen, wannechgelift.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.-* Jo.

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Här Berger, wär elo nach eppes heizou direkt ze soen? Well soss géif ech deen heite Block awer wéinstens fäerdeg maache loossen.

**M. Eugène Berger** *(DP).-* Jo. Neen, ech mengen et wier och einfach wichteg ... Awer emol Merci, datt d'CNPD hei trotzdeem déi Presentatioun gemaach huet. Ech mengen, mir hunn et effektiv alleguerte gelies. Mä ech fannen, et ass awer sënnvoll, well och, wann een et selwer liest, huet een heiansdo Froen, wou ee sech seet: ...

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Jo, dat ass ...

**M. Eugène Berger** *(DP).-* ... Do wier et jo awer gutt, wann ech mat de Leit kéint de vive voix doriwwer schwätzen. Soudatt ech awer mengen, datt et e gudden Exercice ass, dee mer hei maachen.

Et ass effektiv egal, ob een et elo en bloc mécht oder ...

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Neen. Okay. Also, dann hale mer fest: Mir loossen elo deen heite Block awer da fäerdeg maachen, an da gi mer zu de Froen iwwer. Merci.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.-* Jo, en zweete Punkt, dee mer dann analyséiert hunn, ass: Do gëtt et eng Bestëmmung an der Direktiv an am Gesetz, wou seet, dass de Responsable du traitement, dat heescht d'Police, soll eng Differenz maachen - eng „Différence" oder eng „Distinction claire", steet am Text - zwësche verschiddene Kategorië vu Persounen. Dat sinn da présumé Auteuren, déi, déi reconnu coupable sinn, oder d'Victimmen oder aner Tierse wéi d'Zeien.

An do hu mer da festgestallt, dass et am Moment net méiglech ass, am Fichier central déi Distinctioun ze maachen. Dat ass awer, well de Fichier esou opgebaut ass, wéi en opgebaut ass. Dat heescht, strukturell/technesch ass et net méiglech, dat ze maachen. Well all Dossier gëtt opgemaach mat engem Auteur présumé. Quitte dass dann awer och verschidden aner Leit dra sinn, awer an de Procès-verballen als Victime, als Temoin. Mä et kann een net eng Recherche maachen op enger präziser Victime, als Beispill. Do hu mer da gesot: „Bon, op deem Punkt si se u sech fir de Moment net konform."

En drëtte Punkt ass: D'Legislatioun seet dann och: Et muss och eng Distinctioun gemaach ginn zwësche verschiddenen Donnéeën an och, dass och eng Verifikatioun vun der Qualitéit muss gemaach ginn. Dat heescht, et muss och méiglech sinn, dass de Fichier ënnerscheet tëschent Fakten an eventuell Appréciation personnelle vun de Polizisten. Well dat ass dann e bëssen dat, wat een och nennt „Données douces", „Données policières douces". Dat heescht Appréciation personnelle.

Am Moment geschitt dat net am Fichier central. An et ass och keng Prozedur do, fir d'Qualitéit vun den Donnéeën ze verifiéieren. Dat heescht, dat huet awer erëm domadder ze dinn, dass kee Retour do ass vun den Autorités judiciaires. Dat heescht, dat kann d'Police och am Moment net maachen.

E véierte Punkt dat sinn d'Finalitéiten. Do muss ee soen, och wann d'Police-Gesetz elo seet, wat hir Missioune sinn, mä et kann een awer soen, dass elo spezifesch Finalitéiten néierens virgesi si vum Fichier central, d'ailleurs och net elo vun anere Fichieren oder Traitements de données, mä wat awer net heescht, dass dee Fichier elo net licite wier. Dat heescht, dat gëtt net contestéiert. Op Basis vun deenen zwee Gesetzer, déi mer hunn, kann ee soen: D'Existenz vum Fichier selwer ass licite.

E fënnefte Punkt, dat ass dann nach eng spezifesch Dispositioun, déi och an der Legislatioun ass. Dat sinn d'Données sensibles. Do gesäit d'Gesetzgebung vir, dass d'Données sensibles just a verschiddene Fäll kënnen traitéiert ginn en accord mam Droit national. Do ass näischt Extraes virgesinn. Dat heescht, do ass eng Absence an der Legislatioun do. An dorënner hu mer dann och fale gelooss, well d'Considerante schwätze bei den Donnée-sensiblen och vu Personnes vulnérables, wéi zum Beispill Mineuren. Do sollt een och an der nationaler Legislatioun Saache virgesinn. Dat hu mer am Moment och net.

Dann hu mer eis an engem zweete Volet och nach d'Rechter vun de Leit ugekuckt.

Wéi kënnt d'Police deene Rechter no, wann d'Leit hir Rechter ausüben? Do geet et u mam Droit à l'information. Dat heescht, si hunn eng Informatiounsflicht.

An da gëtt et nach d'Recht op Accès op seng Donnéeën,

an eben d'Recht op, dass ech meng Donnéeë ka rektifizéieren oder den Effacement kann nofroen.

An dann, e véierte Punkt ass: Kënnen déi Rechter limitéiert ginn? Well eben, et muss een do d'spezifesch Natur vun dem Domaine de la Police kucken. Déi Rechter sinn

net absolutt. Dat heescht, do si Limitatioune virgesinn. Dat heescht, d'Police kann déi invoquéieren a soen: „A verschiddene Fäll refuséiere mer, dass d'Personne concernée hir Rechter kann ausüben."

Bei der Informatiounsflicht, do hu mer festgestallt, dass generell Informatiounen um Internetsite vun der Police sinn, mä elo keng méi spezifesch zu verschiddenen anere spezifeschen Traitements de données.

Wat den Droit d'accès ubelaangt, do kann ee soen: Do si Prozeduren en place. Dat heescht, wann een eng Demande mécht bei der Police, dann hu se Prozedure virgesinn, fir déi Demanden dann och ze traitéieren an dann ze beäntwerten. Mä och do nach eng Kéier: Déi Rechter kënnen och an deem Fall limitéiert ginn.

Dann den Droit de rectification et d'effacement. Dat ass am Fong och eng Flicht, déi d'Police huet, fir d'Leit doriwwer ze informéieren, dass se dat Recht hunn. A Läsche kann een och just a véier verschiddene Fäll. Dat heescht, och dat ass keen absolutt Recht. Ech kann net einfach elo soen „elo gëtt alles geläscht", genausou wéineg wéi ech och de Steieren net kann elo soen: „Dir läscht elo meng Donnéeën." Ech mengen, do gëtt et ... An hei sinn dann déi Exceptiounen. Déi Limitatioune ginn nach méi wäit wéi elo ënnert dem RGPD.

Wat déi Limitatiounen eben ubelaangt, do geet et vu bis.

Dat heescht, bei der Informatiounsflicht kann d'Police dat retardéieren oder limitéieren.

Beim Droit d'accès do ka se integral refuséieren, den Accès ze ginn oder partiellement. Dat muss ëmmer vu Fall zu Fall gekuckt ginn.

A beim Droit de rectification et d'effacement kënne se et och refuséieren. Awer natierlech musse se dat alles motivéieren. A verschiddene Fäll musse se et souguer net motivéieren, mä da gëtt et dann nach erëm d'Méiglechkeet, sech un d'CNPD ze wenden, déi dann déi néideg Verifikatioune mécht. An dat ass dann d'Garantie fir d'Personne concernée, dass mir dat nokucken a soen, ob dat an der Rei war oder net.

Okay. Solle mer nach ...?

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Ben, villmools Merci schonn emol fir dat do. Ech géif da proposéieren, wéi mer festgehal haten, dass mer fir dëse Volet da schonn déi éischt Froen opmaachen. Wie wollt sech do ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Just dee Volet, dee mer elo zum Schluss haten?

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Genau. Enfin, jo, an dann de Volet virdrun. Mir hate jo schonn eng ganz Partie Zuelen an esou. Mä dat war jo éischter dréche Matière.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Ech géif awer elo proposéieren déi Dammen an Häre sollen einfach hiren Exposé fäerdeg maachen.

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Ganz? Jo.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Bon. Mir ginn eis Méi, dass mer dat dann esou effikass wéi méiglech maachen. Wann dann duerno nach Froe sinn, ech mengen, da maache mer dat iwwert dee Wee.

Bon, de Punkt c), dat ass Obligation du responsable du traitement. Do hu mer eng Opdeelung tëschent méi generellen Obligatiounen an deene méi spezifeschen.

Déi éischt generell dat ass den „privacy by design“, „privacy by default“, wéi mer dat nennen. Dat ass eng Obligatioun, déi eigentlech seet, dass een den Dateschutz vun Ufank u muss integréieren an net duerno ad hoc soll applizéieren. Dës Obligatioun ass natierlech elo nei komm mam Gesetz. Déi stoung virdrun net esou en tant que tel dran.

Elo kann een natierlech laang diskutéieren, vu dass de Fichier central jo awer scho virdrun developpéiert ginn ass, awéiwäit dass een dat elo interpretéiere soll. Mir sinn allerdéngs der Meenung, dass esou e wichtege Fichier, dee benotzt gëtt, dass een déi Obligatioun do och an eng regelméisseg Reevaluatioun do eraninterpretéiere muss. Sou!

„Privacy by design“, „privacy by default“. Et ass haaptsächlech och bei den Accèsen, wou mer doriwwer geschwat hunn.

Vläicht just dräi Wuert bevir mer zur Konklusioun kommen.

Bei den Accèsen ass d‘Regel u sech den „need to know, need to do“. Dat ass d’Konzept, wat u sech generell applizéiert gëtt, fir ze evitéieren, dass do kéinten Abusen entstoen. Dat ass e ganz gutt Konzept, allerdéngs ass dat natierlech an der Realitéit vill méi komplizéiert, well „need to know, need to do“: Ab wéini brauch ech dat? Ass dat eemol d‘Woch? Eemol d‘Joer? Eemol de Mount?

An do si mer u sech ganz genau an der Problematik, déi mer hei hunn, dass mer net nëmme laang iwwer en Accès kënne schwätzen, mä mir mussen iwwert dat, wat mir dee ganzen Environnement de contrôle ronderëm nennen, mat zesumme schwätzen. Dat heescht, op där enger Säit hu mer den Accès an op där anerer Säit hu mer eng ganz Panoplie vu Mesuren, déi en combination mat deem Accès wierken, fir d‘Risiken ze minimiséieren.

Do gëtt et Mesuren, déi mer präventiv nennen, wou ee guer näischt ka maachen. Do gëtt et Mesuren, déi sinn detektiv. Do spillen d‘Loggen natierlech eng Roll, wou gesot gëtt: „Mir wëlle feststellen, wann een Abus geschitt ass.“ An da gëtt et en drëtte Volet, dat si Mesures, déi mitigatoire sinn. Dat ass, wann en Abus ass: Wéi kënne mer, zumindest den Impakt, minimiséieren?

Fir eis ass et ëmmer dee ganzen Ensembel, dee mer musse kucken, wa mer vun Accèse schwätzen.

Mir hunn dat dann och elo ugekuckt. A mir hunn op där enger Säit d‘Accèse geholl an op där anerer Säit d‘Benotzung. Ech mengen, d‘Konklusioun war elo zimlech kloer, dass en Decalage ass tëscht wivill Leit d’Accèsen en permanence hunn a wéi dass se dann am Dagesgeschäft konkret benotzt ginn.

Elo wëll ech awer derbäisoen: Dat heescht elo net, dass déi Accèse forcement illegal waren. Mir stelle fest, dass par rapport zu deem Prinzip vum „privacy by design and by default", deen awer mat engem ganze Changement de paradigme kënnt, ee wierklech muss ouni Tabu kënnen driwwer schwätzen, ob dat do déi eenzeg a bescht Méiglechkeet ass, fir ze schaffen. Voilà.

Dann de Registre des activités de traitement, do wëll ech just soen: Dee Register, dee war do. Do hu mer eigentlech méi zréckbehalen, dass um Niveau vum Detail elo vläicht nach e bësse kéint nogebessert ginn.

D'Journalisatioun, och do hu mer festgestallt, dass natierlech eng Journalisatioun do ass. Mir hunn eis selwer drop baséiert, fir en Deel vun eisem Avis ze maachen. Mir hunn zwee Punkten, wou mer do denken, dass wierklech sollt driwwer nogeduecht ginn, wéi ee ka weiderfueren:

Dat eent ass, et besteet d'Praxis, dass natierlech net ëmmer den Agent selwer d'Consultatioun oder d'Recherche mécht. Dat leeft dann oft iwwer e Proxi, iwwert den Tëlefon. Mir denken, wann d'Journalisatioun soll do sinn, fir kënnen nozevollzéien, wie wat gemaach huet, dass an deem Fall déi Informatioun och iergendwéi misst an deene Loggen do drastoen. Dat kéint een dann ergänzen. Mä et muss een dann och do kucken, wéi een am beschte virgeet.

An deen zweete Punkt ass den Niveau vun der Granularitéit, wéi ee feststelle kann, dass deen Accès och licite benotzt ginn ass.

Am Moment gëtt et, ech mengen, eng 18 generique Motiver, déi ee kann uginn. Mä an der Praxis muss ee sech d'Fro stellen, wann een elo zéng Méint, zwielef Méint zréckkuckt, ob elo nach wierklech ee sech kann dorun erënneren, wat ganz genee an där Situatioun de Fall war, oder ob dee generiquë Motif do net vläicht e bësse misst nogebessert ginn.

Bon, zum DPIA, dat heescht Data Protection Impact Assessment. Ech halen et elo kuerz, well ech weess, dass duerno vill Froe wäerte sinn. Mir sinn zum Schluss komm, dass spéitstens bis d'Joer 2021 esou eng Analys muss gemaach sinn, wann net

souguer méi fréi. Dat hänkt dovun of, wann elo grouss Changementer op deem Fichier kommen, méi fréi. Wann dat net sollt de Fall sinn - wat ech awer net hoffen -, dann allerspéitstens 2021.

Bon, Sécurité des données, dat ass ëmmer e bësse quokeleg. Mir hunn et elo hei opgeläscht, fir vollstänneg ze sinn, mat den Dispositiounen, déi am Gesetz sinn. En règle générale kommunizéiert een net public iwwert d'Mesures de sécurité. Ech wollt awer elo just hei ganz transparent sinn. Mir hunn dat elo net ausgeklammert. Mir hunn, wat och ganz normal ass, heiansdo kleng Commentairen zu deem Sujet gehat. Mir hunn déi un d'Police weiderginn, soudass se wëssen, wat eis Meenung ass. An ech mengen, dat geet do säi richtege Wee.

An dann e leschte Punkt, dat ass de Rôle vum Délégué à la protection des données. Ech mengen, do hu mer elo keng speziell Remarken, déi mer elo an eisem Avis festgehalen hunn. Voilà.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.-* Jo, dann an enger zweeter Partie - ech halen et och ganz kuerz -, an enger zweeter Partie hu mer dann nach eng Kéier gekuckt d'Qualitéit vum Cadre légal. Dat heescht, mir hu gekuckt: Wéi ass déi national Legislatioun par rapport zu aneren Normes juridiques supérieures, wéi ass do d'Zesummespill oder wéi ass d'Qualitéit an deem Sënn? Dat hu mer gekuckt par rapport zu der Convention européenne des droits de l'homme, zu der Charte des droits fondamentaux, zu der Constitutioun an dann natierlech och zu der Jurisprudenz vun dem Mënschegeriichtshaff vu Stroossbuerg an och vun der Cour hei vu Lëtzebuerg.

An au vu dovu si mer zur Konklusioun komm, dass et néideg wär, awer nozebesseren, Saachen ze präziséieren. D'autant plus, dass d'Direktiv selwer och déi Méiglechkeet virgesäit, dass d'Memberstate Saache méi präziséiere wéi dat, wat an der Direktiv steet.

An dann, wéi gesot, hu mer dann ... An doranner, an där Meenung gi mer och bestäerkt, wa mer elo déi aner Länner kucken, déi aner europäesch Länner. Wéi gesot, mir hunn eis Homologen ugeschriwwen a gefrot, wéi dann d'Situatioun an hire Länner ass. Mir hu 25 Äntwerte kritt. Dovunner muss een der 2 ofzéien, wou se nach guer

keng Legislatioun hunn. A vun deene 25 ..., also vun deenen Äntwerten, déi mer dann haten, war et esou, dass a 16 Länner spezifesch Dispositioune virgesi sinn an a 5 Länner keng spezifesch Dispositiounen.

Dann hu mer och gekuckt: Wéi ass et a Frankräich, der Belsch an an Däitschland? An Däitschland ass et e bësse méi schwiereg, well dat do „Ländersache“ ass. Dat heescht, do ass et d‘Legislatioun vun de Länder, déi sech applizéiert. An do sinn a verschiddene Länner och spezifesch Dispositiounen do. Mä do - wéi soll ech soen? -, si hunn dann nach aner, méi grouss Fichieren, wou d‘Länner dat interkonnektéieren um Niveau vum Bund. Dat heescht, do ass d‘Situatioun e bësse méi schwiereg ze analyséieren.

Mä et kann een awer gesinn, dass am Frankräich Saache bestinn, an an der Belsch och. Och wat d‘Delaien ubelaangt, do sinn och Delaien dran, déi och souguer méi wäit ginn, muss ech awer och soen, wéi dat, wat d‘Police am Moment applizéiert, wann een elo den Delai vun zéng Joer zréckbehält, wa mer elo den Archivage ausklameren. Do sinn dann Delaien och emol virgesi vun zwanzeg Joer. Mä op d'mannst ass et do präziséiert. Voilà.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Bon, ech ginn iwwer zu de Recommandatiounen. Ech mengen, wat do wichteg ass, dat ass, dass mer déi u sech opgedeelt hunn an déi, déi mer un de Legislateur géife ginn, an déi, déi mer un de Responsable de traitement géife ginn, wat dann hei d‘Police wier, fir dass et och kloer ass, dass elo net jiddwereen do op allen Achse kann agéieren. Ben, ech mengen, et ass kloer - un d‘Adress vum Legislateur -, mir denken, dass et wierklech néideg wier, d‘Cadres législatifs ze präziséieren, sief et um Gesetz vun der Police, sief et um Transpositiounsgesetz, an notamment d'Méiglechkeet, fir Règlement-grand-ducalle kënnen anzeféieren, fir déi manner essentiell Saachen ze regelen.

Dann d‘Recommandatiounen, déi mer elo un de Responsable de traitement ginn, ech mengen, dat sinn déi konkret Saachen, wou deen elo kann dru schaffen. De Prinzip vun Accountability war jo deen, dass deen eng ganz Rei Saache soll sécherstellen. Do hu mer en éischte Punkt, dass mer denken, dass et wichteg ass, dass de Fichier central besser dokumentéiert gëtt, souwuel intern wéi och zu engem Deel extern accessibel maachen, dass d'Leit wëssen, wéi dat fonctionnéiert.

Mir denken, dass op den Accèse sollt geschafft ginn. Wéi gesot, déi Diskussioun sollt gefouert ginn. Mir soen net, dass do alles illegal ass. Mir soen net, dass net vill Leit Accès brauchen. Mir denken awer, dass een, wéi gesot, an deem Konzept vum „privacy by design“ soll déi Diskussioun féieren iwwert d‘Accèsen.

Datselwecht zielt fir d‘Journalisatioun an d‘Délais de conservation souwéi d‘Mise à jour vun den Donnéeën. Mä do denke mer, dass effektiv eng Diskussioun ze féieren ass, déi méi wäit geet wéi d‘Police, well mer do elo wierklech vun Interfacë schwätzen, vu Fluxen, déi musse vun där enger Säit op déi aner goen. Dat heescht, do brauch d‘Police och wierklech de Support vun deenen aneren, fir dass se dat kann ëmsetzen. Dat war bei enger ganzer Rei vu Punkten, déi mer hei haten. Et muss een der Police och d‘Moyene ginn, fir sech dann do kënne konform ze setzen.

An dann, leschte Punkt, awer och ganz wichteg, dat ass, dass ee sollt spezifizéieren a präziséieren, wat déi Garantie-specifiquë fir Mineurë sinn, a wa mer vu sensibelen Donnéeë schwätzen.

Voilà. Ech hoffen, mir waren elo net ze vill schnell an et ass näischt ënnergaangen. Mä, wéi gesot, soss regele mer dat iwwert d‘Froe ganz gär.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Tipptopp! Ech soen Iech villmools Merci. Ech schreiwen emol op. Ech géif entre-temps och gären dem Här Margue eng Kéier d‘Wuert ginn, deen nach eng Kéier wollt dat kommentéieren um Niveau vun der Situation juridique. An da gi mer weider.

Merci.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Also e grousse Merci un Iech alleguerte vun der CNPD, fir dee schnellen, termingerechte Rapport an och d‘Qualitéit dervun. De Fait, och am Ausland nogefrot ze hunn, huet mech agreabel ..., ben, net iwwerrascht, mä weist ganz kloer: Mir si jo hei an engem Prozess, et ass zejoert e Gesetz gestëmmt ginn an et ass eng - hei am Haus och -

Meenung gedeelt ginn - wéi soll ech soen? -, d'Gesetz géif sech selwer duergoen. Dir hutt eis gewisen, dass et am Ausland net esou ass. Et pour cause! Aus gudde Grënn. Dat huelen ech gären als gutt a Best Practice op, wéi et do gemaach gëtt.

Dir hutt aus deenen Observatiounen an deene Konklusiounen, Recommandatiounen, déi Der eis do maacht, och kloer eng Recommandatioun ginn, gesetzgeberesch täteg ze ginn. An ech hat kuerz dobausse mat deem engen oder deem anere rieds: Fir mech ass et wesentlech, dass een déi Leit, déi Responsable du traitement sinn, encadréiert, fir dass se net ënnert dem Afloss vum Dagesgeschäft, vun hirer bishereger Praxis, vun hirer bishereger Dateschutzkultur weider agéieren.

Mir hu mat deem 2018er Gesetz eben, wéi et och schonn ëmmer erëm widderholl ginn ass, eng aner Dateschutzkultur agefouert. Also ass et dann och esou, musse mer dann och als Legislateur zouginn, dass muss nogebessert ginn an deem Sënn. An éischt Schrëtt si jo och scho gemaach ginn, dass dee Groupe interministériel elo an d'Liewe geruff ginn ass, fir schnell do ze agéieren.

Also ech wéilt wierklech deen éischte Paragraf op der Säit 26 ervirhiewe vum Rapport, fir d'Qualité de la loi ze amelioréieren, dass d'Recommandatiounen, déi Der eis gitt, an deem Sënn sinn, an dass mer hoffentlech an absehbarer Zäit oder a kuerzer Zäit kënnen dann déi Effikassitéit un den Dag leeën.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Villmools Merci. Ech géif dann d'Froeronn opmaachen an dem Här Mosar d'Wuert ginn.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Jo, Merci. Madamm Presidentin, Här President, Dir Dammen an Dir Häre Ministeren, mir géifen eis fir d'Alleréischt och deene Mercien uschléissen un d'CNPD, déi hei wierklech eng exzellent Aarbecht gemaach huet. Mir stellen och mat grousser Zefriddenheet fest, datt se sech zum Deel och op ganz vill Question-parlementairen an Äntwerte baséiert huet vu ganz ville Kolleegen, net nëmme vum Här Roth a vu mir, och vun anere Kolleegen, déi do Froe gestallt hunn.

Wat jo och da weist, datt déi parlamentaresch Aarbecht net ëmsoss ass, mä awer dann zumindest och e gewëssenen Afloss herno an deem Avis fënnt.

Ech wäert mer erlaben, e puer méi allgemeng Froen ze stellen. An den Här Roth wäert dann nach nohake mat e puer méi präzise Fäll. Mir sinn allerdéngs elo e bëssen hei, kéint ee scho bal soen, ënner Schock, Madamm Presidentin, well mir hunn elo just hei bei RTL kënnen noliesen, datt mer jo da wahrscheinlech an deenen nächsten zwou Wochen en neie Minister kréie vun der Sécurité intérieure, wann ech deen ...

***(Interruption)***

Bon, ech liesen hei: „Ministre délégué à la sécurité intérieure“, Här Bausch.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dir musst liesen, wat virdrusteet! Do steet ganz kloer dran, Här Mosar, datt de Ministre de la Sécurité intérieure deen nämlechte bleift!

An et steet just do, ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Da steet et falsch op RTL.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Nee! An e kritt en ... Et ass am Fong d'nämlecht wéi am Digitalministère. Do ass et sou, de Statsminister ass Digitalminister an et gëtt nach e Ministre délégué. Dat ass den Här Hansen, deen am Statsministère mathëlleft. An esou ass dat hei och virgesinn. Dat ass näischt Neits, dat war an der ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Da si mer berouegt! Mir behalen Iech also, Här Bausch.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dir behalt ... Leet Äre Kapp a Rou! Ech lafen net virun der Verantwortung fort ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Ah, mir haten elo schonn eis e bësselchen ...

*(Interruptions)*

Voilà, mir sinn da frou, datt mer den Här Bausch weider an deem kriddelegen Dossier behalen.

Bon, elo zu menge méi allgemenge Froen: Eng éischt Fro, dat ass einfach eng, déi mir eis och scho virdru gestallt hunn. D'CNPD hätt jo parfaitement sech scho kënne virdrun autosaiséieren, fir en Avis zu där ganzer Thematik ze maachen, déi jo och bekannt war. Duerfir meng alleréischt Fro: Firwat huet d'CNPD net sech selwer saiséiert an hei en Avis dozou gemaach?

Eng zweet Fro, an dat huet da schonn e bësselche mat de Konklusiounen ze dinn. Et gi jo eigentlech zwou Saachen, zwee grouss Voleten hei proposéiert an deem Avis: dat Éischt, datt mer legislativ norüsten. Ech mengen, de President vun der Kommissioun huet dat och elo schonn eng Kéier betount. Mä et gëtt awer och gesot, do sollten eng Rei Mesurë schonn direkt geholl ginn an do bräicht een net ofzewaarden, bis déi Adaptation-législativë geholl ginn.

An do ass notamment eng, mengen ech, déi quasiment jiddwerengem hei ronderëm den Dësch ëmmer extrem vill Suerge mécht: Dat ass déi, wien Accès op dee Fichier do huet. An dat si ronn 2.000 Leit. Dat ass jo nach eng Kéier vun Iech confirméiert ginn. A souwäit ech dat elo verstanen hunn, ass dat do notamment eng vun deene Mesuren, wou da proposéiert gëtt, datt déi direkt soll geholl ginn. Ech mengen, dat ass och elo éischter eng Fro, déi vläicht un den Här Minister ze riichten ass: wéi schnell datt déi verschidde Mesuren, déi elo net mat der Adaptation législative ze dinn hunn, wéi schnell datt en déi wëllt ëmsetzen.

Loosst mech vläicht meng Froe fäerdeg maachen, Här Minister, an da kënnt Der jo duerno äntwerten.

Dann, drëttens: Hei ass elo en Avis gemaach ginn iwwer just de Fichier central. Elo wësse mer awer och säit deene leschte Reuniounen, notamment och säit där leschter Reunioun, datt et bei der Police nach eng ganz Rei vu Fichiere gëtt. An den Här

Minister huet eis jo versprach, zesumme mat der Police, datt dës Kommissioun an deene schnellsten Delaien och ...

***(Interruption)***

Maja, gutt! ... datt mer dann och déi Lëscht vun all deenen Datebanken nach kréien.

Elo ass natierlech och d'Fro - ech ginn dervun aus, datt dat meescht, wat Der hei gesot hutt, sech natierlech och op déi doten Datebanken applizéiert -, nach stellt sech awer d'Fro, ob do vläicht fir vereenzelter - an dat ass dann eng Fro, wou mir frou wären, wa se eventuell och nach géif analyséiert gi vun der CNPD -, ob do vläicht verschidden Datebanken iwwerhaapt noutwendeg wäerte sinn an ob déi net awer vläicht missten e speziellen Traitement kréien, deen net honnertprozenteg deeselwechten ass wéi deen, deen Dir elo beschreift hei beim Fichier central. Dat kënne mer allerdéngs eréischt definitiv klären, mengen ech, all zesummen, wa mer déi Lëscht vun all deenen Traitementer hunn.

Dann ass eng véiert Fro, déi fir eis eng extrem grouss Wichtegkeet huet, well den Här Roth an ech selwer, mengen ech, jo ëmmer extrem sensibel drop waren, a mir sinn duerfir och frou, datt dat extra ervirgehuewe ginn ass, dat ass dee ganze Volet vun de Mineuren. Do gëtt och proposéiert, datt am Gesetz iwwert d'Mineuren do misst eng Norüstung kommen - do ass et jo dann d'Madamm Justizministerin natierlech an éischter Linn -, an och do wéilte mer wëssen, wéi schnell datt déi ka kommen? Well dat hei ass jo, wéi gesot, en extrem kriddelegen a sensibele Punkt. Duerfir stelle mer och d'Fro, wéi schnell datt d'Madamm Tanson do wëllt e Projet de loi op den Instanzewee setzen, deen déi Recommandatioune wat d'Mineuren ubetrëfft, déi hei am Avis gemaach gi sinn, och wäert iwwerhuelen.

Dann e leschte Punkt, dat ass awer eigentlech just eng Observatioun, déi ech wollt maachen, well se awer fir eis wichteg ass a well se, mengen ech, och eng kloer Äntwert gëtt op eng Fro, déi ëmmer erëm hei opgeworf ginn ass a wou och verschidden Interpretatioune waren, dat ass déi sougenannten „recherche nominative".

Mir si ganz frou, datt mer hei e klore Constat elo hu vun der CNPD. Ech liesen Iech et vir, well ech mengen, dat wäert jo domadder och all Diskussiounen definitiv ecartéieren: « Au sein de la partie signalétique du fichier central, la recherche d'une personne, en entrant son nom ou une autre métadonnée la concernant, est possible. » Dat wat also ëmmer hei och vu gewëssene Säite gesot ginn ass, wat awer vun anere Säite contestéiert ginn ass, ass mengen ech domadder kloer erwisen.

**Une voix**.- Den Här Roth fir d'Éischt.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Wëllt vun Iech keen direkt dorobber reagéieren? Kënne mer nach dem Här Roth seng Froen ...

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Nee.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.-* Nee.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Okay, tipptopp!

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Merci, Madamm Presidentin. Ech kucken och, dat kuerz ze maachen. Ech soe selbstverständlech och Merci der CNPD fir dee Rapport, well deen eigentlech eent zu eent dat beleet, wat mer ëmmer als Kriticken ubruecht hunn a wou mer vun Ufank un - an do soen ech: wat mer bedaueren! - als Polemiker an ech weess net wat dohinnergestallt goufen, an dat, wat mer géife soen, dat géif absolutt net stëmmen. Hei ass et schwaarz op wäiss. Et si bal 2.000 Leit, déi ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Entschëllegt, Här Roth, just, wann Der dat sot, datt ech dat sollt behaapt hu par rapport zu deenen dote Faiten, da wéisst ech gär, wou dat war.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Här Bausch, ech géif Iech invitéieren, dass Der, ënner anerem, de Band nokuckt vun der Chambersplenière vum 10. Juli 2019.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Do steet ...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Ech hunn Iech net nommement genannt, am Respekt vis-à-vis vun aneren. Sidd Der mat mer d'accord, dass ech keng Nimm nennen?

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dat heescht, et ass net fir mech, wou Der dat ... Well mir schwätze jo hei ... Verstitt Der, Dir musst jo awer verstoen, datt et fir mech politesch gesi wichteg ass, datt et ënnerstrach gëtt, datt ech dat net gesot hunn!

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Da soen ech esou: dass Regierungsmemberen dat souguer op RTL gesot hunn. An aus Respekt vun der Saach ginn ech net am Detail dorobber an. An engem Background ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech schwätzen hei iwwert de Policefichier!

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Jo, jo, jo.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo. Net iwwer en anere Fichier.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Dee war och gemengt.

Éischtens hu ronn 2.000 Leit Accès zu deene Fichieren. Den Délai de conservation: Et stellt sech och eraus, dass deen zéng Joer ass, a fir den Archivage souguer 60 Joer. 60 Joer! An dat, wat eis eigentlech am meeschten trëfft, an dat ass och nach eng Kéier confirméiert ginn, dat ass, dass keng Distinctioun gemaach gëtt tëschent de Leit hire Fichieren op Affären, ob se als Temoin gehéiert goufen, als Personne soupçonnée, ob Classements sans suites geschitt sinn, ob Non-lieue geschitt sinn, ob souguer Acquittementer geschitt sinn. An dat fanne mir besonnesch grav, d'autant plus, wou op aner Legislatiounen - an et ass an enger Foussnott vun dem Avis vun der CNPD mentionéiert -, wou notamment op de sougenannten „traitement des antécédents judiciaires" vun de Fransousen higewise gëtt.

Abee, d'Fransousen hunn an hirem Code de procédure pénale - ech hunn dat um Internet gekuckt -, déi hu ganz kloer stoen, den Artikel 230 (8): «  La rectification pour requalification judiciaire est de droit. », seet de franséische Code de procédure pénale. An da steet hei och nach hannendrun: « Le procureur de la République se prononce dans un délai de deux mois sur les suites qu'il convient de donner aux demandes qui lui sont adressées. » Dat heescht, do kënnen d'Leit dat ufroen an et ass souguer de droit.

De véierte Punkt ass deen, dass et absolutt net geet, dass et souguer géint d'Gesetz verstéisst vun 1992 iwwert d'Protektioun vun de Mineuren, dass do iwwerhaapt Donnéeë vu Mineuren an de Fichiere sinn.

An aus deene Grënn deelen ech eppes net, dat ass déi Konklusioun, wou de President vun der Commission juridique elo gesot huet, näämlech wou e verweist op d'Säit 26 vun der CNPD a seet: „Majo, do misst nogebessert ginn."

Also, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn der Meenung, dass een net muss legislativ nobesseren, fir den Accès zu de Fichieren ze redresséieren. Ech sinn och der Meenung, dass een net muss legislativ nobesseren, fir dass een e konkrete Code d'accès an e Motif d'accès huet. Well Dir hutt selwer an Ärem Avis geschriwwen, dass et aacht méi generell Contrôles de routine, Contrôles de sécurité ...

Bon, wann een, wann ech dat elo richteg gelies hunn, da fonctionnéiert dat jo folgendermoossen: Et ass en Agent, deen op de RIFO urifft an da seet en: „Mäi Motif ass Contrôle de routine, oder Contrôle de sécurité, an ech hätt gären Informatiounen iwwert déi an déi Persoun."

Esou fonctionnéiert et. An da gëtt net deen ageloggt, oder gesot, an de Journal, déi Persoun, déi vum Terrain urifft, mä et gëtt deen ageloggt, deen um RIFO sëtzt - an dat verstéisst géint all Reegele vun dem Dateschutz.

Also brauch ee keng legislativ Nobesserunge fir dat do ze änneren. Et brauch een och keng legislativ Nobesserung fir alles dat, wat d'Mineuren ubelaangt, fir dat aus dem

Fichier erauszehuelen.

An duerfir ass meng konkret Fro der zwou, Här President: À moins, dass ech d'Gesetz falsch verstanen hunn, mä do steet den Artikel 15 vun dem Gesetz vun 2018, dee seet: « Le responsable du traitement efface dans les meilleurs délais les données à caractère personnel de la personne concernée lorsque le traitement de ces données constitue une violation des dispositions prévues par les articles 3, 7 ou 9 (…) ».

Or, hei sinn duerch e Bericht vun der CNPD ganz kloer Dispositioune vun deem Gesetz violéiert. D'CNPD selwer, an deem anere Gesetz vum 1. August 2018, déi huet an hire Missiounen: « (…) la CNPD dispose des pouvoirs suivants : (…) ordonner au responsable du traitement ou au sous-traitant de mettre les opérations de traitement en conformité avec les dispositions adoptées en vertu de la loi » vum 1. August 2018.

An duerfir ass meng perséinlech Meenung ganz einfach, dass et elo misst eng Injonctioun ginn un d'Responsables vun den Traitements des données, fir déi Saachen, déi ganz kloer sinn: Näämlech, dass et en Nombre restreint vu Persounen ass, déi Accès hunn. Dass et, alles dat wat Mineuren ..., injustifié an de Fichieren ass, dass dat erausflitt. Dass den Délai de conservation, dass deen erofgesat gëtt. Well et brauch een net 60 Joer iwwer eng Persoun eppes ze archivéieren, wou een emol net weess, ob dat e Classement sans suite ass, ob et eng Ordonnance de non-lieu ass, en Acquittement oder eng Rehabilitatioun.

An duerfir géif ech eindringlechst derfir plädéieren, dass dat géif esou schnell wéi méiglech gemaach ginn. Well duerfir brauch ee keng Base légale. Et ass een hei en violation avérée vun Dispositiounen, déi d'Chamber gestëmmt huet.

An ech mengen och, dass d'Regierung, respektiv déi zoustänneg Ministèren an Administratiounen, an dozou zielt och d'Police, dass se gutt aviséiert wieren, dat selwer ze maachen. Well stellt Iech emol vir, et sinn elo dausend Leit, déi maachen e Recours - well dat kéint jo e Sport ginn! - géint de Stat op Base vum Gesetz vum 1. September 1988, froen einfach zivilrechtleche Schued, well hei en Dysfonctionnement avéré ass vu staatleche Servicer.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ech soen Iech villmools Merci, Här Roth. Ech ..., also ech ... Moment. Wat ech vläicht just nach géif klarifiéieren, also, wat ech och heiraus erausliesen ass: Et gëtt zwee Voleten.

Dat eent ass d'Mise en conformité mam Gesetz. Do stinn ..., dat steet jo och an de Konklusiounen dran. Dat ass ganz kloer dat, wat Dir elo gesot hutt. Et gi Punkten, do hu mer eng kloer Gesetzeslag. An do hu mer eng Transitiounsphas respektiv mir si schonn ausserhalb vun der Transitiounsphas. Mä do geet et wierklech drëm, dass mer elo deene verschiddenen Organisme soen, se musse sech en conformité setzen. An do hat jo och d'Madamm Larsen am Ufank gesot, si hunn an dësem Bericht nach net mat ageholl, oder net mat opgeholl, wat an där Richtung scho geschitt ass. Do si jo och schonn Aarbechten an déi Richtung gelaf.

Ech denken, dass mer do an e puer Wochen oder ..., ech weess elo net, wat den Délai raisonnable do ass, mä awer och nach eng Kéier mussen drop zréckkommen, fir ze soen: Wat sinn elo déi Recommandatioune vun der Mise en conformité? An: Wou si mer an deem Prozess, fir déi Mise en place ze maachen? Ech denken, dass do déi Dateschutzbeoptragten och schonn an déi Richtung schaffen.

Dat anert ass, an do ginn et jo och e puer Recommandatiounen, fir awer un der Base légale aktiv ze ginn. An dat ass dann dee Volet, denken ech, deen den Här Margue och do ugeschwat huet.

Voilà. Dëst gesot, géif ech dann d'Wuert awer och weiderginn un den Här Minister Bausch.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo, ech wollt just zwou Saache soen. Dat Eent ass dat Lescht, wat den Här Roth ugeschwat huet, wou ech em wëll soen, do deelen ech Är Meenung 100 %. Ech hunn am Ufank och gesot, déi dräi Méint, bis den Dezember, dat ass fir de legislative Kontext. Mä dat wëllt awer natierlech net heeschen, datt déi aner Recommandatiounen, wou ech Iech recht ginn, wou mer keng legislativ Ännerunge brauchen, déi musse mer direkt ëmsetzen. Dat ass evident.

An ech mengen, och dat hunn ech der Police scho gesot, an déi schaffen ... Et ass och, wéi och d'CNPD awer gesot huet, et si jo eng Rei Saachen, si hunn dat jo guer net gekuckt - wat ass scho gemaach ginn, wat net? Mä et si ganz sécher nach net all d'Saache gemaach ginn. Dat ass evident.

An do gëtt et Lacunnen. Et si virun allem déi, déi Der ugeschwat hutt, déi mir och Suerge maachen. Dat ass déi ganz Geschicht vun der Protection des mineurs, zum Beispill, fannen ech en extrem wichtege Punkt. An do brauche mer net e Gesetz ze änneren. Dat musse mer einfach anhalen.

Och déi Delaien an esou Geschichten. Mir kënne jo souguer, ech soen Iech zwar, ech hätt herno zwar gär souguer, datt mer déi Delaien an d'Gesetz schreiwen.

Mä dat ännert awer näischt drun, datt mer elo kënnen decidéieren, schonn erofzegoen. Dat si mer amgaangen ze maachen. D'Police huet mer scho Propose gemaach, fir erofzegoen.

Also, ech mengen, ech sinn absolutt do d'accord. An dat ass och ..., duerfir hunn ech am Ufank och gesot, den Dezember, wou mer d'grouss Linne fir de legislative Kontext wëlle festleeën, dat ass dat Eent. An ech hu gesot, ech kommen awer gär, en attendant, regelméisseg zréck, vu mir aus selwer oder wann Der mech wëllt froen, egal, fir Iech opzeweisen, wéi mer all déi aner Recommandatiounen och awer ëmsetzen, wou mer kee legislative Kader mussen ëmsetzen. Wou mer einfach musse verflicht sinn, et ze maachen.

Dat Zweet ass, ech wollt just nach, an da géif ech der CNPD d'Wuert gi fir ..., well et waren awer nach e puer Froen ...

**Mme Tine A. Larsen,** *Présidente du Collège de la CNPD.-* Ech wollt just nach eppes soen.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* ... vum Här Mosar och nach jo do. Déi Fro, wat den Här Mosar opgeworf huet, fir ze soen, d'CNPD soll en Avis

maachen iwwert d'Noutwendegkeet vu verschiddenen Datebanken.

Ech muss oppassen …, et muss een natierlech oppassen. Ech mengen, wat d'CNPD, menger Meenung no, ka maachen - si maachen dat, wéi se dat wëllen -, dat ass ze kucken an engem Sënn, ob d'Proportionalitéit garantéiert ass. D'CNPD ka jo elo net jugéieren, ob d'Police an hirem Alldag, wa se schafft fir d'Sécherheet, eng Datebank oder net. Wat si awer kënne kucken, ob, ech soen elo emol, Dir hutt d'Datebank opgeworf vun de Stupéfiants, kucken: Wat ass dat? Wat steet do dran? Ass dat proportional gerechtfertegt, datt ee fir dat, wat do opgeläscht gëtt, eng Datebank ufäerdegt?

Mä ech menge jo net, datt si awer d'Fäegkeet hunn, d'Activité policière tëschent ...

***(Interruption par M. Laurent Mosar)***

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Entschëllegt!

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Et deet mer leed. entschëllegt dat weess ech. Ech mengen nach eng Kéier dat do, déi Fro ze …, dat ass sécherlech …, dat ass richteg. Mä et kënnt awer nach doniewent, datt ee sech muss froen, ob fir verschidde Fichieren, déi mir elo emol nach net kennen, well mer déi Lëscht jo eréischt kréien, awer net misst en Traitement plus spécifique ...

**Une voix**.- Dat versteet sech!

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Voilà. An dat ass déi Fro, déi ech ebe wollt opwerfen, ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dat ass ... Jo.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* ... déi dann, le cas échéant, wa mir déi Lëscht kritt hunn, ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* ... eng Kéier vun der CNPD soll gekuckt ginn.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dat hunn ech ..., also, dat ass an der Rei. Dat ass eng aner Geschicht.

Et ass esou, dat hat ech jo schonn an der Kommissioun hei gesot, onofhängeg vum Fichier central, mengen ech, datt mir mussen allgemeng Reegelen opstellen, och legislativer, wéi all déi aner Fichieren ze handhabe sinn.

Ech mengen d'2018er Gesetz seet, datt ee ka Fichieren uleeën an d'Responsabilitéit ass delegéiert ginn un deejéinegen, deen de Fichier uleet. Ech perséinlech hu léiwer, datt ech och niewent dem Fichier central, dee jo eng besonnesch Stellungnam natierlech huet an deem Ganzen - well dat jo e Sammelsurium ass -, datt fir all aner Fichieren datt mer allgemeng Reegelen etabléieren an do och vläicht Proportionalitéitskritäre festleeën. Zum Beispill, fir ze soen: Wéini mécht et Sënn e Fichier ze maachen a wéini net? Ech mengen, dat ass kloer.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Wat maacht Der dann...?

**Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Justice.-* Ech wollt just nach zwou Saache soen, well ech och direkt d'Fro gestallt krut vum Här Mosar iwwert d'Loi sur la protection des mineurs. D'Fro déi sech stellt, och wann een den Avis liest, ass, ob dat wierklech soll am Gesetz iwwert d'Protection des mineurs gereegelt ginn oder ob et gereegelt gëtt am Gesetz oder an den Dispositiounen, déi den Traitement en tant que tel reegelt. Well a Frankräich ass et net an der Loi sur les protections des mineurs, wou den Traitement gereegelt ass, mä et ass an deenen ..., an den ... - wéi heescht ...? -, vum Text, d'Gesetz « d'orientation et de programmation de la performance de la sécutité intérieure ».

Dat do si genau déi Diskussiounen, déi mer féieren. Mä ech ginn awer absolutt dem Här Roth recht, dass een och net muss d'Gesetz ofwaarden, ier een dat do traitéiert, well dat sinn héich sensibel Donnéeën, mat deene mer mussen nach vill méi virsiichteg ëmgoe wéi mat deenen aneren.

A just nach ee Punkt, deen ech ganz am Ufank vergiess hat: E Freiden ass och elo déi

éischt Testphas déi ugeet, mat dem Transfert vun den Donnéeën, ...

**Une voix**.- Jo.

**Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Justice.-* ... tëscht der Justice an der Police. Dat heescht, dass d'Justice erëm zréckgëtt un d'Police, déi Informatioune vun de Fäll, wéi se ofgeschloss gi sinn.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Fir datt se kënnen erausgeholl ginn aus dem ***[...]***

**Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Justice.-* Fir dass d'Police dann herno kann - an dat ass, mengen ech, och ganz wichteg - eben d'Saachen eraushuelen, déi dann net méi gebraucht ginn.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Dierf ech - entschëllegt! - just nach eng Kéier nohaken, derzwëschent nach eng Kéier, ...

**Une voix**.- Jo.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* d'Jugendschutzgeschicht?

Ech hunn d'Fro opgeworf. Firwat? Well an deem exzellenten Avis vun der Dateschutzkommissioun en fait, mengen ech, zwou richteg Affirmatioune gemaach ginn. Déi Éischt ass, fir ze soen, datt dat Allgemengt, déi allgemeng Direktiv, dat generellt Gesetz, do steet näischt iwwert d'Mineure spezifesch dran.

**Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Justice.-* Richteg. Nee.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* An am Gesetz vun '92 iwwert d'Mineure steet näischt iwwer Dateschutz ...

**Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Justice.-* Absolutt!

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* ... dran. An duerfir, mengen ech, ass zu Recht awer déi Fro opgeworf ginn, ob een net da misst zum Beispill am Gesetz iwwert d'Protection de la jeunesse awer vläicht déi eng oder aner Specificatioun iwwert den Dateschutz ..., dat muss ee vläicht elo net onbedéngt iwwer e Gesetz maachen, mä ech wollt einfach d'Fro opwerfen, well se, mengen ech, och zu Recht hei vun der Dateschutzkommissioun opgeworf ginn ass.

**Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Justice.-* Jo. Also, nach eng Kéier, ech mengen dat ..., ech sinn ... Ech verwiere mech do net där enger oder där anerer Solutioun. Mir mussen einfach kucken, wat méi Sënn mécht, och fir d'Kohärenz vun deene respektiven Texter ze garantéieren. Mir hunn hei Beispiller och déi opgefouert ginn, wéi et am Ausland traitéiert gëtt. Un deene kann ee sech jo och inspiréieren. An duerfir schaffe mer jo och enk zesummen, fir dass mer dat gekläert kréien.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ech soen Iech Merci. Ech hunn elo hei nach op der Lëscht den Här Bodry, den Här Goergen an d'Madamm Hartmann, just fir de weidere Suivi. Sinn nach weider Wuertmeldungen?

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Okay. Ma dann ...

Wat gelift? Jo.

Hat Dir ..., Dir wollt och nach eppes zu deenen dote Froe konkret ...?

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Jo, ech hat och Froen un d'Dateschutzkommissioun.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ah, stëmmt. Déi éischt Fro war un Dir. Pardon. Jo.

**Mme Tine A. Larsen,** *Présidente du Collège de la CNPD.-* Jo. Merci. Ech géif da just op dem Här Mosar seng éischt Fro an dem Här Roth seng lescht Bemierkung agoen. Mir sinn eng onofhängeg Autoritéit. Mir huelen eis Decisiounen an enger

geschlossener Deliberatioun, elo net onbedéngt an der Ëffentlechkeet. Mir kënnen och net vill communiquéieren. Eist Gesetz verbitt eis dat.

Mir hunn e Secret professionnel, wat zimlech streng ass a wou wierklech drasteet, datt mer just de façon sommaire oder agrégée iwwer eis Aarbecht kënne communiquéieren.

Mir hunn Deeler iwwert d'Enquêten dran, déi eis och keng Kommunikatioun erlaben. Mir hunn Dispositiounen zu de Sanktiounen, déi eis am Fong souguer d'Kommunikatioun iwwer Sanktioune verbidden. Well d'Kommunikatioun, d'Publikatioun vun der Sanktioun ass en Deel vun der Sanktioun. A mir kënnen dat eréischt maachen, wann all Délais de recours géint déi Decisiounen ofgelaf sinn.

Dat heescht mir sinn eng Autoritéit, déi net vill an der Ëffentlechkeet ka schaffen. Dofir kann ech Iech elo och net soen, wat fir eng Enquêtë mir da wierklech géint Statsentitéiten, Administratiounen oder Ministèren am Moment lafen hunn.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Entschëllegt. Dat ass awer net elo net déi ... Ech hat, ech weess net, dann hunn ech mech vläicht falsch ausgedréckt. Déi Fro, déi ech eigentlech gestallt hunn, ass: Firwat datt Dir als CNPD, déi elo en exzellenten Avis, eigentlech net am Virfeld, ouni datt Der vum zoustännege Minister ...

***(Interruption)***

... saiséiert gi sidd, vun Iech aus, zu dëser Thematik en Avis gemaach hutt. Dat war eigentlech d'Fro.

**Mme Tine A. Larsen,** *Présidente du Collège de la CNPD.-* Ech wollt elo drop kommen.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Okay. Pardon.

**Mme Tine A. Larsen,** *Présidente du Collège de la CNPD.-* Ech wollt awer dat anert gär gesot hunn an ... Mä d'Äntwert ass am Fong hei scho gi ginn. Den Här Minister Bausch huet gesot: „Den Avis zum Fichier central, dee passt net nëmmen op de Fichier

central, e passt op Fichieren ..., aner Fichiere vun der Police, e passt op aner Fichiere vun anere Ministèren, vun anere Verwaltungen, vun anere Gemengen." A mir halen net nëmme beim Secteur public op. Mir sinn och zoustänneg fir de Secteur privé.

A mat den neie Reegele vun 2018, wou mer net méi de Contrôle a priori haten, mä de Contrôle a posteriori, a mir nach ëmmer nëmmen zu deem Zäitpunkt 25 Leit waren, ass et evident, datt mir hu misse Choixe maachen. Mir hunn en ongeféieren Iwwerbléck iwwert dat, wat dobausse leeft. Mä elo, wou de Contrôle a priori net méi existéiert, kréie mir keng Notificatiounen, keng Autorisatioune méi eran. Mir musse selwer op d'Plaz goen, wa mer eis wëllen e Bild maachen.

Bei der Police hate mer schonn eng Anung, wat do war oder och net war. Mir sinn elo och iwwerrascht iwwert d'Envergure, awer mir ware jo och zum Deel virdrun an der Autorité de contrôle judiciaire, do ware Saache gesot ginn.

Et ass immens vill. Mir musse Choixe maachen. Et ass net alles schlecht gewiescht. An et ass och elo nach net alles schlecht bei der Police - dat muss awer gesot ginn. Et ginn aner Domänen, sief et am Privé, am Public, wou méi, wou och ... - net méi! -, mä wou och Nobesserungsbedarf ass a wou mer och versicht hunn, aktiv ze ginn. Mä mir hunn op alle Fall missen e Choix maachen.

Wat nach derbäi kënnt ass, datt eis Aart a Weis fir ze schaffen, mir hu bis elo effektiv nach net vill Sanktioune geholl, well mir der Meenung sinn, datt ënnert dem neie Gesetz Sanktiounen elo net ganz effikass sinn. Mir kënne keng Sanctions financières géint Stat oder Gemenge verhänken. Mir kënne keng Sanctions pénales oder keng Denonciatioune méi beim Parquet maachen, well keng Sanction-penalle méi virgesi sinn. Déi 21 Sanction-penallen, déi am ale Gesetz drastoungen, déi si fortgefall, soudatt mer keng Denonciatioune fir Problemer kënne maachen.

Wat bleift? Jo, et bleift eng Injonctioun. Mä wat bréngt déi elo? D'Police muss dat en place setzen. Mä, wa se et net mécht, bon, da komme mer och net virun.

Mir hu gewielt, fir am Dialog ze schaffen. Bei ganz villen Dossieren, déi mer hunn, wou mir d'Leit ruffen, mat hinne schwätzen, mat hinnen zesumme kucken, wat kënne mer

besser maachen. Bon, dat entsprécht elo net ganz dem Principe de responsabilisation vun de Responsables du traitement, dee si och alleguer emol fir d'Éischt musse verënnerlechen an hir Aarbecht maachen. An dat geschitt eben net vun engem Dag op deen aneren, well vill Leit, vill Entitéiten, vill Responsables du traitement awer vun där Loi de transposition oder vun deem outil iwwerrascht gi sinn. An et bréngt näischt fir direkt erauszegoen an ze sanktionéieren d'Leit. Mir mussen de Leit emol hir Obligatioune bäibréngen a si dodra begleeden - wat mir och versichen elo ze maachen.

An obwuel dat elo net eise Rôle ass, well mir kee Contrôle a priori méi maachen, hate mir proposéiert, an der Ofsprooch mat der Police, fir Member ze ginn an engem Comité de suivi. Mir hu jo geschriwwen, engersäits wëlle mer Mesures législatives, ruffe mer d'Regierung derzou op, där en place ze setzen - wat awer eng politesch Decisioun ass, well et muss net onbedéngt gemaach ginn. Et ass net, datt hei eppes illegal ass, mä et wär eng gutt Praxis.

An der Tëschenzäit ruffe mir d'Police op, hir Aarbecht ze maachen. Ob mer elo eng Injonctioun huelen oder net, ännert net vill drun. Si musse Leit bäikréien. Si mussen dat als Prioritéit setzen. Mä mir si méi wäit gaangen, mir hunn eis Hëllef ugebueden, obwuel dat vum Gesetz hier net onbedéngt eise Rôle ass. A mir wëlle gär hëllefen, datt dat esou séier wéi méiglech ...

***(Interruption)***

... an d'Rei gesat gëtt, mat deene Mesuren, déi ee kuerzfristeg kann duerfir en place setzen.

Merci.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ech soen Iech Merci. Den Här Bausch hätt nach ee klengt Wuert.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo. Ech wollt vläicht just zwee Sätz nach dozou soen. Ech wëll awer och nach eng Kéier drun erënneren, datt ech

d‘CNPD gefrot hunn, fir deen en Avis ze maachen, direkt ganz um Ufank, wéi déi Diskussiounen ugaange sinn. Ech mengen, Dir wësst, ech hunn dee Ministère am Dezember d‘lescht Joer iwwerholl. Déi ganz Geschicht ass ugaangen Enn Abrëll, ufanks Mee. An ech hunn no e puer Deeg schonn, sougutt d‘CNPD wéi och d‘IGP beoptragt, fir mer déi Avisen ze maachen. Dat ass ... Also duerfir, ech wëll dat awer och nach eng Kéier ënnersträichen.

Dat Zweet ass déi Offer, déi ech hei gemaach kréie vun der CNPD, kann ech soen, ech hat net méi spéit wéi virun zwee Deeg Réunion de service mat der Generaldirektioun vun der Police a mat der IGP a wou mer decidéiert hunn, niewent dem Comité interministériel, dee mer maachen tëscht der Justice an der Sécurité intérieure, fir eis ofzeschwätzen an ze kucken: Wou gëtt et ..., wou musse mer Saachen zesummen traitéieren? Datt mer och intern e Comité de suivi asetzen, fir déi Recommandatiounen anzesetzen, wou déi dra sinn, déi ech elo gesot hunn. A selbstverständlech wollte mer och d‘CNPD froen, ob si bereet wär, do dran ze kommen, fir datt en enke Contrôle wär bis zum Allerleschten, datt déi Recommandatiounen och alleguerten ëmgesat ginn.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Jo.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.-* Ech wéilt och nach zu där Fro do just awer och präziséieren, firwat net éischter en Avis. Ech mengen, d‘CNPD huet déi Kompetenz fir de Police-Beräich eréischt den 20. August 2018 kritt. Virdru war dat déi - Artikel 17 - Autorité de contrôle, déi jo, wéi mer schonn, wou mer hei waren, gesot hunn, déi iwwerhaapt keng Moyenen hat an nach vill gemaach huet mat deene Moyenen, déi se hat.

Dat heescht, et ass net, a mam Principe vun Accountability ass et jo esou, d‘Responsables du traitement sinn net méi mannerjäreg a gi mat der Händche geholl. Si si groussjäreg. Si mussen hir Obligatiounen erfëllen. Dat fänkt u beim DPO, dee se och agestallt hunn. Da gëtt et jo awer och nach, wat de Legislateur och agesat huet, de Commissariat de Gouvernement à la protection des données. De Stat ka vun deem Gebrauch maachen u sech, fir och do Conseil ze froen. Dat heescht, do si genuch

Saachen do. Dat heescht, et ass net méi esou, dass d'CNPD proaktiv elo alles kucke geet. Dat war virdru vläicht esou de Fall.

Mä wéi gesot, mir reagéieren och op Saachen natierlech, déi an der Ëffentlechkeet sinn. Wéi dat doten an d'Ëffentlechkeet komm ass, hu mir eis natierlech Froe gestallt. An ier mer eng Decisioun geholl hunn, zu deem Zäitpunkt hu mer dunn och schonn eng Demande vum Minister kritt, fir en Avis ze maachen.

**Mme Tine A. Larsen,** *Présidente du Collège de la CNPD.-* Sot dat nach, datt mer eis autosaiséiert hu fir d'Videosurveillance.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.-* Jo, zum Beispill, jo, fir d'Videosurveillance, do hu mer eis autosaiséiert, well mer do Problematike gesinn ...

***(Brouhaha)***

... hunn duerch Plainten, duerch Demandë vun de Gemengen, déi eis Froe gestallt hunn. Dunn hu mer gesot: „Okay, kommt, mir saiséieren eis do!“ Mä bon, dat ...

Merci.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ech soen Iech Merci fir dës Clarificatiounen. Ech werfe just e klenge Bléck op d'Auer. Mir sinn u sech um Enn vun der Plage ukomm. Dofir d'Fro an d'Ronn: Wär et okay, wa mer bis 12.15 Auer géife weidermaachen? Oder ass dat ...?

***(Interruption)***

Also et sinn nach dräi Wuertmeldungen do. Wann dat okay wär, da kéinte mer dat näämlech haut clôturéieren.

***(Interruption)***

Okay. Majo da soen ech Iech Merci. Dann hat den Här Bodry d'Wuert gefrot.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).-* Jo, ganz kuerz. Ech mengen, de Rapport ass gutt gemaach, deen Avis bréngt elo fundamental näischt Neies par rapport zu deem, wat mer schonn hei diskutéiert hunn, bestätegt, mengen ech, och déi Orientéierung, déi hei eis Konklusioune plus ou moins geholl hunn. Dat heescht, dass muss direkt versicht ginn nozebesseren, ouni op nei Texter ze waarden. Do wou kënnen elo pragmatesch Verbesserunge kommen, sollen déi direkt gemaach ginn. Dat schéngt mer immens wichteg. Dat schéngt jo och schonn ze lafen de Moment, notamment déi Geschicht, dass d'Justiz do déi Donnéeën un d'Police muss weiderginn. Dat schéngt mer eppes Evidentes ze sinn, dass dat esou schnell wéi méiglech un d'Lafe kënnt.

Wat mir opgefall ass, just, et sinn ..., also ech wëll eppes nach soen: Eisen Artikel 32. (3) vun der Verfassung huet geännert, wat de Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc ugeet. Mir hunn do déi Regel assoupléiert, déi seet, dass déi Reglementer nëmmen an Ausnamefäll beim Domaine réservé à la loi kënne spillen. D'Reglementer mussen ..., d'Gesetz muss an Zukunft nëmmen d'Objektiver vun deene Reglementer festleeën an net méi all d'Modalitéiten an déi grouss Orientéierung vum Contenu.

Also ech wéilt drop opmierksam maachen: Dir zitéiert do eng Jurisprudenz, déi al ass. Mir hunn d'Verfassung geännert entre-temps! Mir hoffen och, dass dat d'Jurisprudenz och wäert vun eisem Verfassungsgeriicht änneren, well mir wollten awer den Domaine réglementaire e bësse méi breet maachen, wéi dat haut ass am Domaine réservé à la loi. Dat nëmmen zur Informatioun, well do oft ëmmer mat deenen alen Texter nach ronderëmjongléiert gëtt. Dat kënnt vläicht doduerjer, dass mer net ëmmer lescht Verfassungstexter hunn, déi à jour sinn, an oft nach aler doruechter zirkuléieren. Gutt, Klammer zou.

Dat Zweet ass, wat mech also stutzeg gemaach huet, dat ass déi Entwécklung vun deene Recherchezuelen. Wisou, an do hätt ech awer gären eng Erklärung - dat musst Dir net sichen, dat hätt ech awer gär, wa vläicht d'Inspection générale de la Police dat géif sichen -, wisou ass op eemol e Pic gewiescht 2012/2013 doruechter an da geet et stänneg op eng dramatesch Aart a Weis erof? Wat ass do geschitt?

Parallell ass d'Zuel vun deene wahrscheinlech, déi den Accès haten, méi grouss ginn. Wat ass also do geschitt, dass op eemol stänneg op eng dach merklech Aart a Weis et erofgeet, wat net ka mam Zoufall zesummenhänken, wann een op eemol op der Halschent nach ass vun de Recherchen? Do ass iergend eppes geschitt. Duerfir wär ech frou, wann ech do awer kéint eng Äntwert kréien. Wisou ass dat esou, dass op eemol sech dat - déi Réckgrëff do op déi Datebanken - op esou eng ganz staark Aart a Weis dach verännert huet?

Dann eng lescht Remark, déi ech wollt maachen, och eng Fro un Iech. Mir fält op: An Äre Konklusioune recommandéiert Der praktesch, erëm op d'Instrument vun de Règlements grand-ducaux zréckzegräifen. Ech weess net, ob déi Praxis esou gutt war. Wivill Joren hu mer keng Règlements grand-ducaux a Kraaft gesat kritt! An ech froe mech och, ob et néideg ass; ob een net awer, am Esprit och awer vun där Direktiv, am Gesetz vun 2018, wou een eng Responsabiliséierung mécht vum Responsable du traitement ... Déi geschitt jo net iwwer e Règlement grand-ducal, do sinn anerer, déi soen, wat ze maachen ass. Ob et net duergeet, wa mer géifen - an de Gesetzer selbstverständlech, wat Dir preconiséiert hutt - verschidde Saache präziséieren, Delaien an Äänleches, Accèse méi präzis a méi restriktiv och regelen, an dass een awer beim Prinzip géif bleiwen, dass awer de Responsable du traitement sech déi intern Bestëmmunge gëtt.

Quitte dass déi mussen e gewëssenen Degré de publicité hunn an esou virun an esou weider, do si mer eis eens. Mä ech froe mech, ob dee Réckfall do op dat aalt Instrument vum Règlement grand-ducal, opgrond vun der Erfahrung, déi mer iwwer laang Joren domadder gemaach hunn, ob dat wierklech dat ass, wat eis elo weiderbréngt an deem Ganzen.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ech soen Iech Merci. Ech denken, d'IGP kënnt jo och nach eng Kéier zréck an d'Kommissioun, fir deen Exercice och nach eng Kéier ze maachen. Ech mengen, da kënne si och op déi Froen dee Moment agoen.

Dir hat awer och nach en Élément de réponse do.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.-* Jo. Fir kuerz op dem Här Bodry seng Interventioun anzegoen, wat d'Reglementer ugeet: Mir hunn elo net gesot, dass dat erëm fir all Fichier soll duerch e Règlement grand-ducal autoriséiert ginn. Esou hu mer et net gemengt. Mä allgemeng hu mer gemengt, dass verschidde Saache vläicht am Gesetz misste cadréiert ginn, an da manner essentiell Saache vläicht an engem Règlement grand-ducal.

Do ass et och net, dass mir elo soen: „Dat muss esou sinn." Ech mengen, dat ass dem Legislateur seng Aufgab an dem Conseil d'État seng Aufgab, déi legistesch musse kucken, wat besser ass. Mä et war elo net geduecht, dass, wéi fréier, fir all Fichier soll e Règlement grand-ducal kommen.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Sinn domadder déi Punkte gekläert? Alex? Ass et ...

Dann den Här Goergen, wannechgelift.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Merci fir Äre Rapport. Ech hunn en och duerchgeknat an hunn duerfir nach e puer Detailfroen. Dat Éischt ass emol: Mir haten eng Kéier geschwat, fir déi Mask ze kréien, wéi de Fichier da bei der Police ausgesäit, fir dass mir eis als Deputéiert kënne besser virstellen, wéi dat fonctionnéiert; also déi informatesch Mask. Dir hutt se jo gesinn. Do ass awer d'Fro un de Minister, ob mer déi dann nach eng Kéier kéinte kréien, well dat war jo och esou an der Plenière gestëmmt ginn.

Dann, bei de Mineurë gesi mir dat natierlech och kritesch, wéi dat am Rapport erausgaangen ass. An dat ass eigentlech en No-Go.

Mir hunn elo hei vun de Journale geschwat. Wéi laang ginn dann elo déi Journalen definitiv gehalen, wie wat kucke war? Mir hunn elo hei geschwat vun 2012/2013, dass do e Pic war. Sinn dann déi Journalen iwwerhaapt nach do, fir dat nosichen ze goen? Eng Kéier war am Gespréich 3 Joer, eng Kéier 5 Joer. Mä déi 10 huet nach keen eis gesot. Wat hutt Dir elo do erausfonnt, wéi Dir dohinner waart? Gi se esou laang

gehalen, wéi d'Dateien herno do sinn, oder sinn d'Journale vill méi kuerz wéi d'Dateien iwwert d'Persoune selwer?

Dann hutt Der geschriwwen, et sinn och Metadonnéeën an der Datebank. Wat kann ee sech dobäi virstellen? Wat ass vun de Metadonnéeën erfaasst?

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Jo. Bon, op d'Fro vum Masque de saisie, do kann ech elo net agoen. Ech mengen, et war jo och méi un den Här Minister geriicht. Wat elo déi eenzel Froen zu de Journale waren, do ass et esou ... Bon, ech mengen, dee Fichier central, dee gëtt et elo nach keng 60 Joer. Ech mengen, fir de Moment ass et esou, dass déi Journalen do sinn esou laang, wéi déi eenzel Systemer disponibel waren. Wa mir eis op e gewëssenen Zäitraum do limitéiert hunn, dann ass et, well verschidde Komponenten zu verschiddenen Zäitpunkten en production gesat gi sinn, a mir wollte vergläichbar Zuelen hunn. Dat heescht, et ass elo net ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Dat heescht, de Journal leeft haut weider an e gëtt net no dräi oder fënnef Joer geläscht? Dat heescht, ab do, wou déi Datebank do ass, leeft en ëmmer konstant weider? Oder gëtt de Journal geläscht?

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Jo, de Journal, dat ass eng Mesure de sécurité. Dat ass elo entkoppelt vun der Durée de rétention vun den Donnéeën, déi dra sinn. Mä ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Mä et ass awer wichteg, fir ze wëssen, wie gekuckt huet.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Jo, jo! Dofir gëtt de Journal ... Ben, mir sinn nach net do ukomm, dass iwwerhaapt schonn déi Fro sech géif stellen. Esou laang gëtt et de System nach net. Ech kann Iech just soen, dass mer elo net... no dräi Joer keng Journalisatioun méi do war.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Mä en ass awer net vun Ufank un? Dat heescht, wann en elo weider leeft, gëtt en net geläscht. Oder gëtt e geläscht? Wat hutt Dir do als Informatioun kritt?

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Also eis Informatioun ass, dass de Journal bestoe bleift. Mä wéi gesot, do muss een elo kucken. An 30 Joer huet sech vill geännert. Ech mengen, do dierf ee jo elo net stoe bleiwen. Do muss een oppassen, dass dat en continu en compte gehale gëtt an dass déi Journalen hir Validitéit halen. Mä fir de Moment, zënter dass et déi eenzel Komponente gëtt, sinn déi Journalen do.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Da war nach déi wichteg Fro zu de Metadaten, wat dann elo déi Metadate sinn.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Jo. Pardon. Also Metadonnéeë si jo Donnéeën iwwer Donnéeën, u sech. Also mir hunn elo net an deem Sënn vu Metadonnéeë geschwat, well et gëtt der ganz wéineg, Metadonnéeën, iwwert d'Dokumenter, déi dra sinn.
Dat limitéiert sech op wéini et archivéiert ginn ass, wéini et gescannt ginn ass. Mä dat sinn déi Standard-Metadonnéeën, déi et fir Dokumenter gëtt.

Ech mengen, dat wat Dir mengt, dat sinn d'Donnéeën, déi an der Partie signalétique u sech stinn, iwwert d'Persounen. Do hu mer, mengen ech, am Avis hu mer se schonn exhaustiv opgelëscht, wat do drasteet: Numm, Virnumm, ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Dir hutt opgelëscht: de Gebuertsdatum, Nationalitéit an Numm, ...

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Genau.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Mä Metadonnée ka jo och sinn: Et ass ee Fussballspiller, wéi eng sexuell Orientéierung een huet, wéi eng Haut, oder wat och ëmmer. Dat heescht, dat ass jo eigentlech e Begrëff, dee ganz wäit ass, ...

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Jo. Nee, also mir hunn déi opgelëscht, ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* ... an do ass et d'Fro, wat erfaasst ass.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Mir hunn déi opgelëscht, wou mer festgestallt hunn, dass se do sinn!

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Dat heescht, et ass néierens méi opgelëscht, wéi déi, déi Dir do hutt? Well Dir hutt geschriwwen: „Et kann een och op de Metadate sichen." An dofir ass eben déi Fro opkomm: Wat da genau? Well soss mécht et jo kee Sënn, drop ze sichen, wann et genau dat ass wéi an de Felder.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Nee, nee. Also mir hunn déi opgelëscht, déi mir an där Datebank do fonnt hunn. Do ..., keng Anung, et gëtt nach vläicht aner Fichiere bei der Police. Ech mengen, et gëtt jo dovunner geschwat. Mä zu dem Fichier central ass dat do déi Oplëschtung aus der Datebank vu Felder, déi virgesi sinn.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech kann dem Här Goergen eng Propos maachen, well e seet ... Bon, mir hate jo geschwäerzt, esou wéi et an der Motioun och verlaangt war, eppes geschéckt, wéi dat ausgesäit, wéi et am Fichier ausgesäit. Et gëtt awer och nach eng aner Méiglechkeet: Wann Der gär eng Kéier kuckt, kucke gitt bei d'Police als Kommissioun, da muss ee sech zur Verfügung stellen ... Well et huet e Journalist dat gemaach. Et war jo op der Tëlee e gudde Reportage, wou genau gewise ginn ass, wéi dat ofleeft. Natierlech muss deen dann d'accord sinn, well do si jo deem seng Donnéeën, déi dostinn. Dat heescht, et misst ee vun Iech heibannen, vun den Deputéierten... Här Goergen, wann Dir dat wëllt maachen a sot, ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Ech hätt kee Problem dermat.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Maja, dann huele mer Iech als Fallbeispill. Da géif ech proposéieren, datt d'Kommissioun bei d'Police geet an datt mer dann Iech als Fallbeispill erausbhuelen. Wann dat Iech net stéiert, wann da jiddweree gesäit, wat fir eng Protokoller Der scho kritt hutt.

***(Hilarité)***

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Et steet just do, dass ech nach ëmmer ugeklot sinn, well ech enger gewëssener Partei gesot hunn, si wär rietsextrem. Mä bon!

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Oh bon, dat ass elo ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Méi kënnt do net eraus.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Mä ech mengen, wann Dir kee Problem domadder hutt, dat ass duerchweegs méiglech, da kënne mer dat arrangéieren. Da kann d'Chamberskommissioun bei d'Police dohinnergoen, dann huele mer Äre Fall um Computer, da gëtt deen opgemaach, da kënne mer dat kucken.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Vläicht just nach eng Zousaz- ...

***(Interruption)***

Jo, vläicht just eng Zousazbemierkung. Ech wëll just nach eng Kéier soen: Eisen Avis geet iwwert de Fichier central.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Jo, jo.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Ech mengen, wann déi ...

***(Interruption)***

Voilà. Wann elo do nach aner Saache benotzt ginn ... D'Police huet e ganz breede Spektrum vun Aktivitéiten. Ech wëll elo net den Androck hei ginn, dass d'Police keng aner Informatiounen iwwer Persounen huet wéi déi, déi am Fichier central stinn. Mä dat, wat mir an eisem Avis gekuckt hunn, hu mir esou eent zu eent iwwerholl.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Här President, wann den Här Goergen ... Dir hutt en elo ugeschwat, hie seet: „Jo, jo, jo“. Ech géif awer da proposéieren, och zum Schutz vum Här Goergen, dass dat eng Sitzung ass, zumindest deen Deel, dee bei der Police ass, deen à huis clos ass.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo, jo.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Well dass net herno dem Här Goergen seng Donnéeën aus politeschen Zwecker, ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Nee.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* ... vun deem engen oder ... Neen, hei geet et och ëm en Deputéierten, an also, dat muss wierklech très strict sinn!

***(Interruption)***

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Nee, ech sinn ... Nee, also dat do ass ee Grond, firwat ech derfir sinn, an dat Zweet: Mir maache jo och keng Show! Et geet jo drëms, datt Dir d'Informatioun ...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* ... herno, ech weess net, iergendwann eng Kéier d'Donnéeë vun dem Här ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo, jo. Ech mengen, wa mer dat maachen ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Ech hat et esou verstanen, dass d'Kommissioun et kuckt, net dass elo ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Genau!

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* ... kuckt.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Nee. Ech mengen, et war esou, mir géifen et esou arrangéieren, datt selbstverständlech dat à huis clos bleift, an dat ass just, fir datt Der gesitt, wéi et funktionéiert.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ech soen Iech Merci. D'Madamm Hartmann hat nach eng Fro.

**Mme Carole Hartmann** *(DP).-* Merci. Ech probéieren, mech kuerzzehalen. Ech hunn zwou Froen un d'CNPD, eng generell an eng méi spezifesch.

Dir hutt an Ärem Avis vun deem Regëster geschwat, deen och d'Police huet missen opstellen an deen all Responsable du traitement opstellt. Ech hu selwer och scho probéiert, fir zwee esou Regësteren opzestellen, an am Fong dat Eenzegt, wat een als Direktiv huet, ass den Texte légal. An am Texte légal steet awer elo, soen ech emol, ausser der Obligatioun, déi een huet, wat ee muss an dee Regëster draschreiwen, net schrecklech vill dran, wéi dee Regëster soll ausgesinn. Bon, an dem Fall vun der Police hutt Der och gesot: „En ass net komplett genuch." Dat ass vläicht ee Punkt, wou eventuell vun der CNPD eng Richtlinn iergendwou kéint erausgoen, wéi dee Regëster soll ausgesinn. Ech weess net, ob et se gëtt. Wann et se scho gëtt, hunn ech se selwer elo nach net fonnt. Mä wéi soll dee Regëster u sech ausgesinn? Ass dat eppes Grousses? Wivill Informatiioun ... also wivill, wéi soll deen ausgesinn? Dat ass déi generell Fro.

An déi méi spezifesch ass déi: Dir hutt jo de Verglach gemaach, oder gekuckt, wéi am Ausland virun allem d'Policefichiere geregelt sinn. Ech hu mer d'Fro gestallt, wéi ech den Avis gelies hunn, wéi et an der Belsch oder a Frankräich virun allem - ech mengen, Däitschland huet e bëssen en anere System wéi mir - um Niveau vum Accès vun de Policebeamte geregelt ass. Ech weess elo net, ob Dir et am Detail wësst, mä wéi hunn Frankräich an d'Belsch geregelt, dass, soen ech emol, net ze vill Policebeamten Accès op Fichieren hunn an awer trotzdeem d'Police iergendwou operationell bleift? Well ech mengen, dass do e bëssen esou en Equiliber ze fannen ass, dee schwéier ass. Wéi mécht een et? Gëtt ee just engem, zum Beispill engem OPJ, den OPJen Accès? Oder gëtt een, soen ech emol, net Accès deenen, déi nëmme Police administrative maachen? Wat sinn do, soen ech emol, d'Konklusiounen, déi ee vläicht vun den Noperen och kann zéien? Merci.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD.*- Okay, ech probéieren, kuerz op déi éischt Fro ze äntwerten zu dem Regëster. Bon, dat ass jo eng Obligatioun, déi net nëmme bei der Police ass, mä déi effektiv och um RGPD ass. Ech mengen, Dir hutt absolutt recht, do sinn d'Reglement an och d'nationaalt Gesetz elo relativ dënn an den Informatiounen, déi et gëtt. Dat huet awer eigentlech och als Grond, fir eng gewëssen - wéi soll ech soen? - „Flexibilitéit" deenen eenzelen Akteuren ze loossen, fir dee Regëster esou ze maachen, dass en och sënnvoll ass. Well wann een elo eppes imposéiert, wat vun A bis Z geregelt ass, ben, da gëtt et duerno en zimlech techneschen Exercice, deen e Resultat ervirbréngt, wou een zwar konform ass, mä woumadder ee selwer intern iwwerhaapt näischt kann ufänken. Or, déi ganz Iddi war, fir den Dateschutz wierklech an der Gouvernance ze integréieren an dowéinst och déi Fräiheet ze loossen, fir dat ze maachen.

Bon, ceci dit hu mer awer effektiv op eisem Internetsite - och scho virdrun hate mer - Guidance ginn, wéi een dee Regëster kann erstellen. Mir hunn och eng Onlineplattform zur Verfügung gestallt, wou een iwwer esou e Wizard kann esou Regësteren erstellen. Mir hoffen, dass dat hëlleft. Mä mir sinn eis bewosst, dass et keen einfachen Exercice ass, a mir hëllefen, wou mer hëllefe kënnen. Ob elo eppes um europäeschen Niveau eng Kéier kënnt, weess ech net. Mä ech mengen, éierlech gesot, dass den Echange tëscht deenen eenzelnen Akteuren, fir aus deem Exercice net nëmmen e Konformitéitsexercice, mä e sënnvollen Exercice ze maachen, dee richtege Wee ass.

**Mme Tine A. Larsen,** *Présidente du Collège de la CNPD.*- ... Guidance fir Associatiounen ...

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD.*- Ah jo. Effektiv, mir haten eng Guidance gemaach, déi sech méi un d'Asblen adresséiert, well mer gesinn hunn, dass déi eigentlech déiselwecht Reglementatioune mussen anhalen, mä ganz oft manner Moyenen hunn. Do hate mer effektiv eng Struktur vun engem Regëster proposéiert, well mer gesot hunn: „Déi Akteuren, déi brauche vläicht e bësse méi Guidance." Vläicht kann dat hëllefen.

**M. Thierry Lallemang,** *Collège de la CNPD.*- Fir do unzehaken an deem, wat den Här Buschmann gesot huet: Wa mer eng Guidance erstallt hu fir d'Asblen, mat engem

gewëssene Muster, do hu mer eis Traitementer ausgeduecht, déi bei enger normaler Asbl kéinte sinn, fir e bëssen e Beispill ze ginn, wéi een dat kéint maachen. Natierlech, wann Der elo kuckt: E Soins à domicile, dat ass och eng Asbl, mä do schaffe bei verschiddenen 2.000 Leit. Dat ass natierlech net ze vergläiche mat engem Sportsclub. Dat heescht, si hu ganz aner Finalitéiten. Duerfir ass et schwiereg, do e Modell ze erstellen, deen op all Situatioun passt. Et ginn esou vill Situatiounen.

Wat d'Accèsen ubelaangt, do mengen ech de mémoire, dass a Frankräich d'Accèse vum Procureur de la République - wéi soll ech soen? - „autoriséiert" ginn, wahrscheinlech awer sur base vun enger Propositioun vun der Police. Mä genau wësse mer dat net, hu mer dat net am Detail analyséiert, wéi dat do viru sech geet. An dat muss een, mengen ech, awer och zesumme mat der Police kucken, wat hir Besoine sinn a wou vläicht eventuell da keng Besoine sinn, fir do den Equiliber justement ze fannen. Well et huet och kee Wäert, elo einfach Accèsen ewechzehuelen, wa Leit e brauchen, fir nach hire Missiounen an hirer Aarbecht gerecht ze ginn.

**M. Christophe Buschmann,** *Collège de la CNPD*.- Vläicht just nach eng Saach zu den Accèsen. Ech hat probéiert, dat virdrun ... Bon, et ass net ganz einfach, déi Matière. Mä ech mengen, mir mussen e Schrëtt zréckgoen. En Accès ass een Element, wat ee ka benotzen, fir Accès ze ginn oder net ze ginn. Do niewendru gëtt et nach eng ganz Panoplie vu Mesuren, déi ee kann deployéieren, fir en Accès zwar ze hunn, mä dee besser ze encadréieren. Ech denken, dat ass dat, wat am Moment Best Practice ass, wat iwwerall praktizéiert gëtt. An un déi Diskussioun muss ee sech eng Kéier ginn. D'Fro ass net just: Accès oder net Accès? D'Fro sollt och sinn: Wann Accès, wéi kréie mer dat encadréiert, dass deen do ass?

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech mengen, deen do Punkt ass wierklech fir mech dee wichtegsten. Well Dir wäert gesinn, an der Praxis, wa mer dat am Detail zesummen diskutéieren, och wann déi Zuel, déi Zuel ... Dir sot mer elo: „Bal 2.000 Polizisten, déi Accès hunn, dat ass immens vill!" Mä gitt emol kucken a Frankräich, wéi et do ass! Da kuckt Der d'Zuel emol do! Dat ass am Verhältnis a proportional pas mal. An dat ass och net onlogesch: D'Police muss jo um Terrain, déi ka jo ... Éischtens emol schécke mer d'Police soss a Situatiounen eran, wou se sech selwer a Gefor setzt.

D’Police ass jo um Terrain, éischtens emol. Soss schécke mer d’Police a Situatiounen eran, wou se sech selwer a Gefor setzen. An hirer Aarbecht ass den Accès scho wichteg. Ech mengen, datt dat anert vill méi wichteg ass, näämlech: Wéi fënnt e statt? An datt ee ka Limitatiounen dra maachen. De Contrôle muss funktionéieren. Et muss transparent sinn. Dat heescht, dat sinn déi wichtegst Punkten, menger Meenung no, wann et ëm den Accès geet.

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Voilà. Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Ech hätt nach eng allerlescht Fro, entschëllegt, dass ech déi net direkt gestallt hunn.

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Eng allerlescht, ganz kuerz Fro.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Jo. Neen, ganz kuerz, wat ech kritt hunn. Ech hunn do awer aner Informatiounen. Dir schreift an Ärem Avis, Säit 8: « D’après les informations de la Police, les données relatives aux contraventions ne seraient actuellement plus conservées dans le fichier central ». Dat schéngt net esou ze sinn.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Ma dat hu mer scho geännert.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Ma neen. Mä dat schéngt nach ëmmer ...

Ech hunn elo eenzel Leit, déi mir gesot hunn, ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Neen, neen. Mä wësst Der, neen.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* ... mir hunn dat nogefrot, ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Neen. Neen.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* ... déi Kontraventioune wären nach ëmmer dran.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Neen. Dat ass richteg, Dir hutt recht. Ech weess jo, Dir hat déi Remark scho gemaach. An ech hunn dat beim Generaldirekter vun der Police nogefrot. Et waren e puer „bugen" nach dran, also e puer Feeler nach dran. Mä et ass awer gréisstendeels gemaach. Mä do sinn der e puer hänke bliwwe gewiescht, wéi se dat geraumt a gebotzt hunn. An dat si wahrscheinlech déi, vun deenen een Iech dat gesot huet.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Dir géift eis elo confirméieren, net nëmmen, dass vun elo u keng nei dra kommen, mä natierlech och, dass déi, déi dra waren, alleguer geläscht sinn.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Also, d'Police, d'Generaldirektioun vun der Police, huet mir an eiser leschter Sëtzung, mengen ech, gesot, datt si déi erausgeholl hunn. An datt se awer e bësse Schwieregkeeten haten, datt der e puer hänke bliwwe sinn. An et ass kloer: Mir wëllen déi net méi do dran hunn!

**M. Charles Margue,** *Président de la Commission de la Justice.-* Neen.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* An dat hunn ech, also, ech mengen, dat war eigentlech och mat hinnen ofgemaach.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Et si Leit un eis erugetrueden, déi gesot hunn, dat wier nach dran.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Défense.-* Mä nach eng Kéier: Ech mengen, Dir kënnt deene Leit soen, déi géifen och erausgeholl ginn. Dat ass e Feeler. Déi missten eigentlech schonn eraus sinn. Jo.

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Ech soen Iech villmools Merci. Och, dass Der e bësse méi laang bliwwe sidd.

Pour rappel: Mir gesinn eis den 03.10. fir d'Presentatioun vum VisuPol. A vu dass mer hors plage keen direkten Datum fonnt haten, hu mer eis op de 07.11. gëeenegt, fir de Rescht vun där Presentatioun vun der leschter Kéier ze maachen. An da kréie mer bei där Geleeënheet och d'Lëscht presentéiert, déi Dir gefrot hutt an der CSV-Fraktioun, vun den existente Policefichieren.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Okay. Merci.

**Mme Stéphanie Empain,** *Présidente de la Commission de la Défense.-* Jo. Merci.